

	33^e séance	Présidence M. Jean Spautz, Président
	Mercredi 6 mars 2002	

Ordre du jour**1. Communications**

2. Débat d'orientation sur la dimension du genre dans les domaines de l'éducation, de la formation et de l'emploi - N°4840 (*Rapport de la Commission de l'Égalité des chances entre femmes et hommes et de la Promotion féminine - Discussion générale - Motions*)

Au banc du Gouvernement se trouve: Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Kommunikatiounen ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

1. Communication

Ech wollt der Chamber folgend Matdeelung maachen:

A sengem Bréif vum 5. März 2002 huet den Här Camille Gira matgedeelt, datt en d'Regierung iwwert d'Uwendung vum Kommodo-Inkommodo-Gesetz interpelléiere wëllt.

(Interruptions diverses)

Ech gesinn, d'Regierung ass awer present.

(Hilarité et interruptions)

Op eise Ordre du jour vun haut de Mëtteg steet d'Orientéierungsdebatt iwwert d'Erzéiung an d'Beruffsausbildung bei de Jongen a Meedercher. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt.

Et si bis elo ageschriwwen: den Här Schank, d'Mme Delvaux, d'Mme Nagel, den Här Colombero, den Här García, den Här Bisdorff, d'Mme Meyers an d'Mme Stein.

D'Wuert huet elo d'Rapportrice, déi honorabel Madame Ferny Nicklaus-Faber.

2. Débat d'orientation sur la dimension du genre dans les domaines de l'éducation, de la formation et de l'emploi - N° 4840

Rapport de la Commission de l'Égalité des chances entre femmes et hommes et de la Promotion féminine

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV), rapportrice.- Schon erëm eng Kéier ee Fraenthema! Nach eng Kéier eng Fraendebatt?! Brauche mer dat dann iwwerhaapt nach?

(Interruptions diverses)

Une voix.- Kréie mer dann och déi Äntwerten?

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV), rapportrice.- Herno.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat sinn d'Aussoen, déi een dëser Deeg erëm öfters als Fra ze héiere kritt.

Sinn d'Orientéierungsdebatten zum Thema Chancëgläichheet nach ëmmer néideg?

Dozou e kloert Jo! Firwat? Ma well nach ëmmer d'Frae vu villen Décisiounsposten, esouwuel an der Politik wéi och an der Wirtschaft, ausgeschloss sinn.

Zënter '96 sinn Debatten, déi bei Geleeënheet vum internationale Fraendag ofgehalen ginn, zu engem feste Bestanddeel vun eiser parlamentarescher Aarbecht ginn. Si hu mat Sécherheet dozou bäigedroen, d'Cause vun de Frae weiderzebréngen. Nëmme wann ee sech öffentlech mat der Thematik vun der Fraepolitik ausernee setzt an nei Iddien entwéckelt, fir Léisungen ze fannen, kann een am Endeffekt erwaarden, datt d'Gläichheet tëscht Fraen a Männer eng Realitéit gëtt.

D'Commission Égalité des chances huet dëst Joer decidéiert, d'Debatt dem Thema "La dimension du genre dans l'éducation, la formation et l'emploi" ze widmen an ee Suivi vun de fréieren Debatten ze maachen, an dat och op Wonsch vun där gréisster Oppositionspartei.

Wat versteet een dann elo ënnert "Gender"? Dësen Term bezitt sech op déi gesellschaftlech a kulturell Identitéit vu Fra a Mann. Si stellt déi sozial Differenze vum Geschlecht duer, déi duerch eng strikt Verdeelung vun de Rollen, Fonctiounen a Verantwortungen tëscht Fraen a Männer geprägt sinn. Dobäi ass nach zouzefügen, datt dës gesellschaftlech Konstruktioun sech am Laf vun de Jore kennt änneren.

D'Schafung vun engem Ministère an enger parlamentarescher Kommissioun, déi ganz am Zeeche vun der Chancëgläichheet tëscht Fraen a Männer steet, wéi d'Organisatioun vun Debatten, sief et op nationalem wéi op internationalem Plang, beweisen, datt trotz positiver

Ännerungen d'Gläichheet tëscht Fraen a Männer nach ëmmer keng Realitéit ass.

Op der Konferenz "World Women Work" zu Berlin d'lescht Woch huet eise Premier gesot, ech zitieren: "Et geet net drëm, karitativ Aktiounen zu Gonschte vun de Fraen anzeféieren, mä de Fraen an de Männer ze erlaben, gläichwäerteg um Aarbechtsprozess deelzehuelen." Den Asaz vum Här - ech betounen Här - Juncker ass bemierkenswäert. Eng Journalistin huet ganz zu Recht an engem Artikel geschriwwen, datt et en haarden Job ass, sech fir Fraeninteressen anzesetzen. Wann et ëm Fraefuerderunge geet, sinn nämlech déi meeschte Männer op deem Ouer daf.

D'Situatioun vun de Fraen huet sech während deem leschte Jorhonnert radikal verännert.

(Interruptions)

D'Frae kruten déi politesch an zivil Rechter unerkannt. Theoretisch, dat heescht rechtlech gesinn, sti si op deemselwechte Fouss wéi d'Männer. Eis Constitutioun, eis Gesetzgebung, eis international an europäesch Verflichtunge garantéieren de Fraen déiselwecht Rechter an eng gläichwäerteg Behandlung wéi de Männer.

Mä déi rechtlech Gläichheet bréngt net ipso facto déi faktesch Gläichheet mat sech.

D'Positioun vun de Fraen entsprécht net där déi si missten hunn, besonnesch hautdësdaags, wou d'Frae grad esou héich qualifizéiert si wéi d'Männer.

D'Fakte schwätze fir sech: Praktesch eng Fra op zwou ass hei am Land net berufstäteg. Et dierf een awer och net vergiessen, datt déi Generatiounen vu bestuete Fraen, déi haut 50 a méi Joer hunn, net dierfte schaffe goen, wat zum Deel erkläert, datt mir momentan esou een niddregen Taux d'emploi féminin hunn. Et ass also kee Wonner, wann den Ofstand tëschtent weiblecher a männlecher Beschäftegung weiderhi grouss bleift. Am Joer 2000 huet dës 27,6% bedroen. Et muss ee bedenken, datt d'Deelzäitaarbecht 25% vun de berufstätege Fraen hautdësdaags betrëfft, esou datt den Ecart tëscht weiblecher a männlecher Beschäftegung vill méi grouss ass. Deelzäitaarbecht gëtt och ëmmer méi vun de Fraen an Usproch geholl: 1992 waren nach nëmme 17% vun de berufstätege Fraen an Deelzäitaarbecht. Doriwwer eraus sinn d'Fraen an der Regel méi wéi d'Männer vum Chômage a vum Mindestloun beträff.

De Fait, datt ëmmer méi Frae berufstäteg sinn -1996 waren et der 46,4%, am Joer 2000 52,5% -, soll eis awer net vergiessen loossen, datt d'Berufswelt nach ëmmer duerch Ongerechtegkeete vis-à-vis vun de Frae charakteriséiert ass.

D'Frae verdéngen hautdësdaags nach ëmmer manner wéi hir männlech Kolleegen. Et bleift eng Differenz vun ongeféier 11%, déi net duerch d'Strukture vun der weiblecher Aarbecht oder duerch Kompetenzënnerscheeder erkläert ka ginn.

Déi professionell Ongerechtegkeet kënnt och um Niveau vun de Carrièren zum Virschäin. D'Frae konzentréiere sech op e puer Secteuren a Beruffer, wéi zum Beispill d'Santé, d'Erzéiung, d'Restauratioun. Et si meeschtens déi, wou d'Perspektiven op eng Carrière oder eng Promotioun net déi beschte sinn. D'Männer, am Géigendeel, dominéieren an deene Branchen, déi puncto Finanzen, Verantwortung oder Carrière méi interessant sinn.

D'Ongerechtegkeet, déi tëschtent de Fraen an de Männer besteet, léisst sech och um ökonomeschen Niveau feststellen. Et geet aus enger rezenter Etüd eraus, déi bei 1.300 Entreprisë realiséiert gouf, datt d'Fraen an de Féierungspositiounen ënnerrepresentéiert sinn, sief et bei den Direktiounsposten, sief et an de Verwaltungsreiter oder de Personaldelegatiounen.

Och d'Politik bleift nach ëmmer geprägt vun enger ongerechter Verdeelung vum Pouvoir tëschtent Fraen a Männer: Véier Regierungsmemberen op 14 si Fraen. An der Chamber gesäit et net besser aus: D'Frae stelle mat zéng Siège knapps 16,7% vun den Deputéierten duer. Vun deenen 108 Buergermeeschteren, déi mer hei am Land hunn, sinn nëmme zwielef Fraen.

(Interruptions)

Ah, 118, entschëllegt!

Am Enseignement supérieur oder an der Recherche sinn d'Fraen och ënnerrepresentéiert.

Als weidert Beispill vun enger ongläichwäerteger Behandlung tëscht Fraen a Männer kann een d'Deelhuele vun de Männer am familiäre Beräich ugin. D'Hausaarbechten an d'Erzéiung vun de Kanner ginn nach haaptsächlech vun de Frae geséichert, an dës egal ob si berufstäteg sinn oder net.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Gläichheet tëschtent Fraen a Männer ass net nëmme eng Fro vu sozialer Gerechtegkeet: Si ass d'Konditioun fir d'Erriichtung vun enger reell demokratescher Gesellschaft.

Déi faktesch Gläichheet stellt eng beträchtlech Erausfuerderung duer. Fir dës Erausfuerderung gewuess ze sinn, muss een emol als alleréisch d'Ursaache vun den Disparitéiten tëschtent Fraen a Männer festleeën.

Wann d'Prinzipien an d'Gesetze de Fundament vun der Chancëgläichheet duerstellen, esou gëllt d'Education als ee vun de Motoren. Ugesiicht der Beharrlechkeet vun den Ongerechtegkeeten tëscht Fraen a Männer kann ee sech d'Fro stellen, ob eisen aktuellen Erzéiungssystem seng Roll net verfeelt huet, respektiv ob dës System net esouguer deelweis fir d'Ongerechtegkeete verantwortlech ass.

Geet ee vum Constat aus, datt d'Meedercher déiselwecht Schoulen an dee selwechten Unterrecht besiche wéi d'Jongen, an am Prinzip besser ofschneide wéi déi männlech Schüler, kënnt ee mengen, si missten och op

allen Niveaue vun der Gesellschaft vertrauede sinn, déiselwecht Beruffer wéi d'Männer ausüben, an déiselwecht Verantwortung droe wéi déi männlech Bierger. Wat leider awer net de Fall ass. Meng Fraktiounskolleegen Nelly Stein a Marco Schank wäerten och op dësen éducativen Aspekt ze schwätze kommen.

Wann d'Beruffswahl, an déi domadder verbonne sozial Positiounen, zum gréissten Deel vun der Orientéierung vun de Schüler an de Schülerinnen an der Schoul ofhänkt, kann ee sech d'Fro stellen: Wat motivéiert d'Meedercher éischter literaresch oder sozial Filiären erauszesichen an de Jongen déi méi technesch Branchen ze iwwerloossen?

D'Standardäntwert op dës Fro ass déi, datt d'Meedercher am Allgemenge keen Interesse fir technesch Matière hätten. Et ass jo och behaupt ginn, d'Meedercher wäeren am Duerchschnëtt manner gutt an der Mathé wéi d'Jongen. Wann een awer d'Resultater méi genau ënnert d'Lupp hält, muss ee feststellen, datt et kee bedeitenden Ennerschied do gëtt.

Et ass naiv ze mengen, datt d'Orientéierung vun de Meedercher net duerch strikt definéiert weiblech a männlech Rolle beaflosst an esouguer limitéiert gëtt. Nach hautdesdaags gi verschidden Attitüden a Charaktereegeschaafte mat Fraen a Männer associéiert a si bestëmmen deemno hir gesellschaftlech Roll. Seit iwwer 30 Joer scho gëtt dës Deelung vun der Gesellschaft an zwou verschidde Kategorie mat ënnerschiddleche Rollen a Rechter kritiséiert.

Et sinn d'Institutionen wéi de Stat, d'Kierch, d'Famill oder d'Schoul, déi dës sozial stéréotype Virstellungen verbreeden. Dobäi übe bei wäitem d'Elteren an d'Enseignanten dee gréissten Afloss aus. Si si schlechthin d'Referenzpersounen vun eise Kanner.

Fir de Fraen ze erlaben, sech iwwert dat kllassescht Rollenverständnis eraus ze entwéckelen, ass et ubruecht, sech Gedanken ze maachen, wéi ee kënnt, ënner anerem, eise Erziehungssystem änneren.

Déi eenzeg Méiglechkeet, fir laangfristeg d'Gläichheet tëscht Fraen a Männer ze fuerderen, ass den Objektiv vun der Gläichheet an all Décisioun, all Moosnam, all Politik ze integréieren. Den "Gender Mainstreaming" ass en techneschen a politeschen Prozess, deen d'Perspektiv vum Genre an allen Entscheedungsniveaue mat abënnt.

Unerkannt vun der Europäescher Unioun - de Mainstreaming gehéiert seit der Ratifikatioun vum Traité vun Amsterdam 1997 zu de Prioritéiten vun der EU - geet dës Approche dovunner aus, datt keng Moosnam oder politesch Décisioun komplett neutral ass, well se aneschtens op d'Fraen wéi op d'Männer wierken. Zil vum "Gender Mainstreaming" ass et, dës ënnerschiddlech Wirkungen ze korrigéieren an d'Bedürfnisser wéi och d'sozio-ökonomesch Realitéiten vun all de Bierger ze be-truechten.

Den "Gender Mainstreaming" gouf scho während der véierter internationaler Konferenz iwwert d'Fraen, déi 1995 zu Peking stattfonnt huet, als politesch Approche fir d'Gläichheet unerkannt an ass domadder zum Instrument fir d'Bekämpfung vun den Ongläichheete ginn.

Am Plan d'action vu '97 an am Plan d'action "Pékin + 5" vun 2001 huet sech eis Regierung verpflichtet, d'Dimensioun vum Genre ënner anerem an der Erziehung an an der professioneller Formatioun ze integréieren. Et ass keen Zoufall, datt dës zwéi Beräicher als Prioritéit agestuft gi sinn. E Mentalitéitswiessel ass just iwwert de Wee vun der Erziehung méiglech. Et ass also wichteg, nei edukativ Methoden ze entwéckelen. Dat setzt viraus, datt d'Elteren an d'Enseignante sech éischters bewosst sinn iwwert d'Problematik, an zweetens wëlleg sinn, sech domadder ausenaner ze setzen, wat ëmmerhi mat sech bréngt, datt si sech selwer an hir Virstellungen a Fro stelle mussen.

Als Beispill vun enger bemierkenswäerter Aktioun, déi sech mat der Problematik Gender ausernee setzt an als Zil hat an huet, bei den Elteren an dem Erziehungspersonal, mä och bei den Acteuren vum Aarbechtsmaart, eng Prise de conscience ze provoziéieren, ass de Projet "Gläichheet deelen".

De Projet "Gläichheet deelen" huet zwéi Deeler. Den éischte Volet betrëfft de Préscolaire. Et muss ee preventiv esou fréi wéi méiglech bei de Kanner ufänken, wann ee wëllt, datt d'Positioun vun de Fraen an eiser Gesellschaft sech ännert. De Projet ass a véier verschidde Gemengen duerchgefouert ginn.

D'Spillschoulsjofferen - kee Mann war dobäi -, déi beim Projet matgemaach hunn, sinn adäquat encadréiert ginn. Et goufe regelméisseg Réunionen organiséiert, wou d'Léierpersonal Informatiounen an Erfahrungs sammuelt oder verbessere konnt. D'Ausféierung vum Projet huet gewisen, datt d'Erziehungspersonal a senger Majoritéit der Meenung war, si géifen d'Meedercher an d'Jonge d'selwecht behandelen. Et huet sech awer just de Contraire herausgestallt. D'Erziehung gëtt beaflosst vum Geschlecht vum Kand.

Den zweete Volet spillt sech um Niveau vun der Aarbechtswelt of. Et heescht d'Iddi vun der Gläichheet op der Aarbechtsplaz ze promovéieren iwwert d'Ausbildung vun de Leit, déi fir d'Formation professionnelle continue verantwortlech sinn. Als Realisatioun vum Projet op dësem Niveau kann een ënner anerem d'Ausbildung vun den Délégués à l'égalité uginn.

Trotz Beméiungen, fir d'Erziehungspersonal a puncto Genderpädagogik ze sensibiliséieren, gesi vill Enseignanten a Formateurs kaum den Intérêt fir esou eng pädagogesch Approche. De Grond dofir läit wahrscheinlech doranner, datt an der öffentlecher Meenung d'Iddi verbreet ass, dass d'Gläichheet tëschent Fraen a

Männer acquise wär. Et ass also kee Wonner, wann de Projet nach ëmmer am Stadium vun engem Pilotprojet ass an net an den Ausbildungscurricula vum Erzieungs-personal integréiert gouf, wéi dat sech de Promoteur vum Projet, de Ministère de la Promotion féminine, am Ufank erhofft hat.

D'Gläichheetskommissioun begréisst d'Efforte vun der Regierung an ass sech doriwwer eraus bewosst, datt d'Tâche schwéier a laangootmeg ass. Si hofft, datt d'Regierung sech weider mat Determinatioun fir d'Ausféierung vun hirer Gläichheetspolitik asetze wäert a sech nach méi an der Informatioun vun der öffentlecher Meenung, vum Léierpersonal a vun all deenen aneren Acteure vun der Aarbechtswelt implizéiere wäert. D'Regierung misst méi um Niveau vun den Eltere schaffen, wat natierlech eng enk Kollaboratioun tëscht de verschiddene Ministère, de kommunalen Instanzen (wéi zum Beispill de Schoulkommissiounen), den Elteren an aneren Acteure viraussetzt.

Vum Enjeu hier ass et wichteg, d'Genderpädagogik mëttel- a laangfristeg an d'Initialausbildung vun den Enseignanten an den Educateuren ze integréieren. Kuerzfristeg wier et ubruecht, de Projet "Gläichheet deelen" op de ganzen Edukatiounssystem auszedehnen. Ech wëll an deem Sënn eng Motioun areeche.

Motion 1

La Chambre des Députés

- soucieuse de construire un réel partenariat entre les femmes et les hommes et partant d'inscrire l'égalité entre les genres dans la réalité quotidienne;

- consciente que la construction d'un véritable partenariat appelle non seulement des avancées législatives et des actions spécifiques de promotion des femmes, mais avant tout une transformation des comportements individuels et des attitudes et pratiques collectives;

- consciente que le seul moyen pour parvenir à éliminer toutes les injustices consiste à intégrer l'objectif d'égalité dans l'action de l'ensemble des départements ministériels;

- consciente des efforts déployés par le Gouvernement en vue de promouvoir l'intégration de la dimension du genre au niveau de l'éducation et de la formation, seuls outils capables d'influer de manière significative sur les rapports entre les femmes et les hommes, ainsi que de la difficulté de cette tâche;

invite le Gouvernement

- à intégrer à moyen et à long terme la dimension du genre dans les curricula des enseignant(e)s et éducateurs/trices;

- à étendre progressivement le projet "Partageons l'égalité - Gläichheet deelen - Gleichheit teilen" à tout le système éducatif luxembourgeois (préscolaire, primaire,

secondaire et secondaire technique) en se basant sur les expériences acquises et le matériel élaboré, et à mettre les ressources à disposition pour assurer la mise en œuvre et l'évaluation du projet.

(s.) Ferny Nicklaus-Faber, Simone Beissel, Willy Bourg, Maggy Nagel, Marco Schank.

D'Regierung huet sech am Kader vum Plan d'action "Pékin + 5" verpflichtet, vun der Reform vum Schoulgesetz vun 1912 ze profitéieren, fir de Prinzip vun der Gläichheet tëscht Fraen a Männer als erzieerescht Objektiv festzehalen. Ech hoffen, datt d'Regierung hirem Engagement gerecht gëtt an et konkret ëmsetzt.

Parallel zur Integratioun vum Genre an alle politeschen Décisiounen a Moosname si spezifesch Aktiounen zu Gonschte vun de Frae weiderhin néideg, déi sou genannten "Actions positives", duerch déi aktuell Disparitéiten eliminéiert kënne gi respektiv nei Differenze verhënnert kënne ginn.

Informatiouns- a Sensibiliséierungskampagne sinn och wichteg. De Ministère de la Promotion féminine kollaboréiert op deem Niveau mat ville Partner, wéi zum Beispill der ADEM oder de verschiddene Beruffs-chamberen. Sait Bestoe vum Ministère ginn all Joer Seminären, Workshopen a Konferenze mam Thema "Gläichheet tëscht Fraen a Männer" gehalen. Meng Fraktiounskollegin Marie-Josée Meyers-Frank wäert och nach op dese Volet agoen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt nach e puer Wierder zum zweeten Deel vum Rapport soen. Et huet eis an der Kommissioun wichteg geschéngt, dëst Joer e Suivi iwwert d'Motiounen ze maachen, déi am Kader vun de fréieren Debatte vun der Chamber gestëmmt goufen.

Tëscht 1996 an dem leschte Joer sinn der Regierung iwwert de Wee vu Motiounen méi wéi 70 Recommandatiounen gemaach ginn. Wa se och net all ëmgesat gi sinn, esou kann een awer feststellen, datt d'Impulser zur Gläichheetspolitik vun der Chamber an der Regierung gréisstendeels hire Nidderschlag fannen. Ech wëllt nach eng Kéier dorop opmierksam maachen, datt d'Gesetzer, déi vun der Chamber gestëmmt ginn, de Fundament vun der Gläichheet duerstellen, ouni déi d'Gläichheet sech net verwierkleche kann. Ouni de legislative Wee si keng Verbesserung fir eis Frae méiglech.

D'Zäit geet net duer, fir all eenzel Motioun duerchzehuelen. Ech wäert mech also op déi eng oder déi aner fokaliséieren, déi mir als besonnesch wichteg schéngt, wéi zum Beispill d'Motiounen, déi mer am Kader vun der Debatt iwwert d'Violence domestique d'lescht Joer an der Chamber ugeholl hunn.

Mir haten d'Regierung opgefuerdert, Moosnamen ze treffen, fir d'Situatioun vun den Affer häuslecher Gewalt ze verbessern, ënner anerem andeem een den Täter zwéngt, vun doheem fortzegoen. D'Regierung huet

kuerz no der Debatt, de 17. Mee 2001, de Projet de loi 4801 iwwert d'Violence domestique deponéiert, deen an déi Richtung geet. De Problem vun der Gewalt ass domat awer net geléist. D'Chamber hat nach dorop higewisen, datt et wichteg ass, d'Täter therapeutesch ze encadréiere respektiv eng speziell Formatioun fir d'Dokteren, besonnesch fir d'Generalisten an d'Pediateren esou wéi fir d'Magistraten am Allgemenge virzegesinn. Ech hoffen, datt dës Moosnam och ëmgesat gi kann.

En anere wichtige Sujet ass den Numm vum Kand. D'Chamber huet d'Regierung an enger Motioun vum 7. Mäerz 1996 opgefuerdert, déi zwou Reserven, déi bei der Ratifizéierung vun der "Convention contre l'élimination de toutes les formes de discrimination à l'égard des femmes" vun 1979 gemaach goufen, zrëckzehuelen. Eng vun deene Reserve betrëfft d'Iwwerdroe vum Familljennumm. D'Regierung huet den 13. September 2001 reagéiert an de Gesetzesprojet 4843 iwwert den Numm vum Kand an der Chamber déposéiert. De Projet gesäit d'Méiglechkeet vir, datt d'Elteren hirem Kand den Numm vun der Mamm gi kënnen.

D'PAN-Gesetz vum 12. Februar 1999, dat verschidde Moosnamen zu Gonschte vun de Frae virgesäit an de legale Kader fir d'Mesures positives festleet, ass e weidert Beispill vun der Gläichheetspolitik, déi vun der Chamber inspiréiert gouf.

A senger Motioun vum 7. Mäerz 1996 hat d'Chamber d'Regierung invitéiert Moosnamen ze huelen, déi d'Gläichheet tëschent Fraen a Männer am Beräich vun der Erzéiung an der beruflecher Ausbildung promovéiere sollen. D'Regierung ass och de Recommandatiounen vun der Chamber nokomm an huet de Rachat am Domän vun der Assurance-pension-vieillesse virgesinn. D'Gesetz vum 28. Juli 2000 ass d'Konkretisatioun dovun.

De Gesetzesprojet 4887 gesäit eng ganz Rei vu Moosnamen vir zu Gonschte vun de Frae souwuel fir déi, déi eng Zäit laang net berufstäteg waren an doheem bliwwen sinn, fir sech ëm d'Erzéiung vun hire Kanner ze këmmern, wéi och fir déi, déi ni berufstäteg waren, aus deene Grënn déi ech virdru scho genannt hunn.

Nieft dëse legislative Moosnamen huet d'Regierung sech fir d'Chancëgläichheet agesat via Sensibiliséierungskampagnen, Konferenzen, Publikatiounen a Spotten. Wa vill Iddien a Recommandatiounen vun eiser Kommissioun mat Erfolleg vun der Regierung ëmgesat goufen, sou bleift awer op verschiddene Pläng nach esou munchen ze maachen. Ech denken do besonnesch un de kommunalen Niveau, wou zum Beispill bis op zwou Gemengen, an zwar déi vu Beetebuerg a Suessem, keng aner en "Service à l'égalité des chances" huet. An dësem Sënn reechen ech eng weider Motioun eran.

Motion 2

La Chambre des Députés

- *considérant les engagements pris par le Luxembourg lors de la ratification de la Convention des Nations Unies*

sur l'élimination de toutes les formes de discrimination à l'égard des femmes (CEDAW), ainsi que lors de la signature de la Déclaration et du Programme d'action adoptés par la 4^e Conférence mondiale sur les femmes organisée par l'ONU à Pékin en 1995;

- considérant les recommandations du Conseil de l'Union européenne du 2 décembre 1996 plaidant pour la participation équilibrée des femmes et des hommes dans les processus de décision;

- considérant le plan d'action 2000 et le plan d'action Pékin + 5 ayant pour but la mise en œuvre de la Déclaration et du Programme d'action adoptés lors de la 4^e Conférence mondiale sur les femmes organisée de Pékin;

- rappelant sa motion adoptée dans le cadre du débat d'orientation sur la participation des femmes dans la prise de décisions le 3 mars 1999;

- réaffirmant le principe selon lequel une participation équilibrée des femmes et des hommes au processus décisionnel à tous les niveaux et dans tous les domaines de la vie publique correspond à une exigence démocratique;

- reconnaissant que les femmes sont sous-représentées dans la plupart des organes politiques et surtout au niveau communal qui reste le niveau de proximité par excellence;

- constatant que les hommes restent largement majoritaires parmi les membres des commissions consultatives communales qui continuent à être présidées presque exclusivement par les hommes;

- constatant que si les commissions d'égalité des chances entre les femmes et les hommes gagnent du terrain, elles sont loin d'être généralisées;

- constatant qu'à l'heure actuelle deux communes, celles de Bettembourg et de Sanem, ont instauré un service de la condition féminine;

invite le Gouvernement

- à continuer ses efforts d'incitation des responsables politiques communaux et intercommunaux à envisager, le cas échéant, l'instauration soit d'un service à la condition féminine, soit d'une commission d'égalité des chances entre femmes et hommes, et à se mobiliser pour un plus grand équilibre des sexes au niveau des commissions consultatives communales.

(s.) Ferny Nicklaus-Faber, Marie-Josée Meyers-Frank, Maggy Nagel, Marco Schank, Nelly Stein.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an der Kommunikatioun vun der europäescher Kommissioun vum 21. Februar 1996 iwwert de Mainstreaming steet ee Saz, deen ech als Konklusioun zitëiere wëllt: "La promotion de l'égalité ne saurait se confondre avec la simple recherche de

la parité statistique. S'agissant de promouvoir des évolutions durables des rôles parentaux, des pratiques institutionnelles, des formes d'organisation du travail et du temps, etc.; l'égalité des chances ne concerne pas seulement les femmes, leur épanouissement et leur autonomie, mais aussi les hommes et l'ensemble de la société pour laquelle elle pourrait être un moteur de progrès et un gage de démocratie et de pluralisme." Ech soen lech merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Marco Schank agedroen. Den Här Schank huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Marco Schank (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt a menger Interventioun méi spezifesch op déi geschlechtersensibel Pädagogie agoen an an deem Kontext och kuerz de Projet "Gläichheet deelen - Partageons l'égalité" virstellen.

Erlaabt mer, dass ech mat zwou, dräi Statistiken ufänken. Um Niveau vun der Primärschoul hu beispillsweis am Schouljoer 1999/2000 nëmmen 41,4% Meedercher redoubliéiert währenddeem et ëmmerhin 58,6% Jonge waren. Een anert Beispill aus dem Premièresexamen: Zënter sechs Joer läit de Prozentsaz vun de Meedercher, déi de Premièresexame gepackt hunn, méi héich wéi dee vun de Jongen. Eng aner Statistik weist och, dass am Enseignement supérieur, wann nach am Joer 1984/1985 nëmme 37% Fraen ageschriwwen waren, se an Zwëschenzäit genee d'Halschent ausmaachen um Cours universitaire. Dës oder ähnlech Statistike fanne mer selbstverständlech och an aneren europäesche Länner.

Mä net nëmme während der Schoulzäit erreechen d'Meedercher an d'jonk Frae gutt Resultater, mä dat gëllt och fir déi berufflech Weiterbildung. Och do nach ee Beispill aus der Chambre de commerce: Émmerhi 54% waren am Joer 1997 ugemellt fir d'Weiterbildung, an déi Zuel ass op 67% eropgeklomm wat d'Joer 2000 ubelaangt. Et ass een dann awer iwwerrascht, dass d'Fraen, wa se dann d'Studien ofgeschloss hunn, dacks eng berufflech Carrière maachen, déi ganz a guer net deem entsprécht, wat se eigentlech an hirer Ausbildung geléiert hunn. Oft ergräife se ee Beruff - dat ass och scho gesot ginn - mat manner Opstiegschancen an och mat dacks nëmmen engem mëttlere Verdéngscht. Seelen trëfft ee Fraen och an héije Positiounen un an datselwecht gëllt och fir d'öffentlech Liewen.

Elo muss ee sech d'Fro stellen: Wouhier kënn dat? Firwat erreechen da männlech Studente mat oft manner gudde schoulesche Resultater besser Plazen a klammen och op der Carrièresleeder méi héich, wéi dat fir hir Kommilitoninne gëllt? Firwat och dee begrenzte Choix vun de Beruffsziler vu ville Fraen, sech op eng Rei ebe méi fraentypesch - soen ech emol - Beruffer ze begrenzen?

Traue Frae sech déi aner Beruffer net zou? Si se net drun interesséiert oder kréie se se vläicht souguer ausgeriet? An da stellt sech d'Fro, ob do net schonn an der Schoulzäit eppes falsch leeft. Gëtt et Ënnerscheeder tëschent de Liewenswelte vun de Meedercher an de Jonge schonn am Spillschoulsalter? An da vläicht déi kruzial Fro: Kann ee grad an där Zäit, wou d'Kanner hir sozial Ëmwelt entdecken, eppes gezielt ënnerhuelen, fir dës Clichéen, dës Rolleclichéen ze duerchbriechen?

(Coups de cloche de la Présidence)

Grad dës Froen, déi ech elo ernimmt hunn, stinn um Ufank vun Iwwerleeungen, déi sech am Projet "Partageons l'égalité - Gläichheet deelen" gemaach goufen. De Projet ass entstan op Initiativ vun deem nei gegrënnte Fraeministère, no der Weltfraekonferenz vu Peking, dat war am Joer 1995. Et ass also een Aktiounsprogramm vun der europäescher Kommissioun, dee gläichzäiteg an der Belsch, an Däitschland an och an Eisträich stattfënnt.

Hei am Land schafft elo zënter véier Joer ee Grupp vu fënnef engagéierte Spillschoulsleierinnen aus verschidde Gemengen, vu verschidde politesche Borden zesummen, an dee Projet gëtt vun enger Sozialwëssenschaftlerin betreit. An der "Gender education" gëlle virun allem véier Regeln:

1. datt déi pädagogesch Fachkräften sech bewusst fir Gläichheet asetzen;
 2. si denken iwwert déi eege Roll no, als Fra oder Mann, an och iwwert déi traditionell Biller vu Meedercher a Jongen;
 3. si probéieren dann hiert Verhalen ze änneren a sinn doduerch natierlech ee Virbild, an zwar een anert Virbild fir Meedercher a Jongen. Ech wëll ee Beispill ginn: Sou kann eng Léierin, déi Handwierksgeschir an de Grapp hält, fir eppes ze flécken, ee positiven Afloss op d'Selbstvertraue vun hire Schülerinnen hunn. Grad esou wichteg ass et awer och fir d'Jongen, wann ee männlechen Erzéier mat hinnen zum Beispill an d'Kiche geet an de Menü fir de Grupp preparéiert.
- Leider hu mer, wa mer elo un d'Spillschoul denken, um Niveau vun der Erzéiung vu klengen Kanner hei am Land ganz wéineg männlecht Personal, wat awer wünschenswäert an och wichteg wier.
4. duerch gezielt pädagogesch Handlung ginn d'Léierpersounen de Kanner d'Méiglechkeet, Erfahrungen ze maachen, déi net deenen typesche Rollenopdeelungen entsprechen, an esou vergréssere se och hiren Handlungsspillraum.

D'Léierinnen, déi um Projet "Gläichheet deelen" mat-schaffen, hu sech zum Zil gesat, fir duerch eng geschlechtssensibel Pädagogik schonn am Précoce an an der Spillschoul eng Verännerung vun deenen typesche Geschlechterrolle méiglech ze maachen. Dat heescht

awer net, dass d'Meedercher elo forcéiert ginn, mat Handwierksgeschir ze schaffen an d'Jongen eng Bitznol an de Grapp kréien oder e Kachdëppen, mä si kréien d'Méiglechkeet gebueden, dat auszeprobéieren. Wann een eppes ni kenne geléiert huet, kann ee sech net bewosst derfir oder dergéint décidéieren. All Kand, ob Jong oder Meedchen, soll all seng Méiglechkeeten a Fäegkeeten däerfen entwéckelen ouni duerch Rolleklischeeën agéengt ze ginn.

D'Leit, déi um Projet matschaffen, sinn dovun ausgegangen, dass d'Verhältnisser tëschent de Geschlechter verännerbar sinn, dass d'Geschlechterrolle sech weiterentwickelen a virun allem dass d'Geschlechterrollen en historischen Hannergrond hunn, duerch sozial Facteure beaflosst ginn an hiren Ursprung an eiser Kultur hunn, an dass an der Vergaangenheet wéi och haut nach ëmmer engem Geschlecht méi Muecht zougestane gëtt wéi deem aneren.

Wat gouf am Kader vun deem Projet geschafft?

Et si Momentopnahme gemaach ginn, Beobachtungsséancen an de Klassen, fir erauszefannen, wou a wéi oft a wat fir eng Kanner mat wem schwätzen a mat wem spillen. Dovun ass eng Auswäertung zu Wien an engem speziellen Institut geschitt.

Et si verschidde Gespréicher mat de Kanner op Cassette opgehooll ginn. Et ass och dovun eng Auswäertung gemaach ginn, fir ze gesinn, wie vun de Kanner, Jongen oder Meedercher, zum Beispill méi dacks ënnerbriechen, méi dacks dertëscht schwätzen, an iwwerhaupt méi schwätzen.

Et si Formatiounsseminären a Konferenzen zu deem Thema ofgehalen ginn, och mat auslänneschen Expären. Et ass en Handbuch ausgeschafft ginn iwwer hir Erfahrungen, fir déi un aner Erzéierinnen an Erzéier kënne virunzeginn.

Nom Prinzip vun der geschlechtssensibler Pädagogik goufen hei déi ënnerschiddlechst Verhalensmusterer berücksichtegt. Et goufen och individuell Entwécklungsméiglechkeeten ausserhalb vun deenen traditionelle Rollen offréiert. Virun allem gouf op Gläichwärtegkeet tëschent de Meedercher an de Jongen higewisen.

Et geet also net drëm, fir nëmmen d'Meedercher ze fördern an hiert Selbstvertrauen ze stäerken, mä och d'Jonge brauchen Opmierksamkeet a mussen hir Gefiller och emol kënne weisen. Ech géif mengen, déi relativ vill Suicidé bei männleche Jugendleche missten eis an deem Kontext ze denke ginn. Vläch wa Jugendlecher mat sexueller Gewalt sech oder aneren eppes beweise wëllen, ass dat ganz oft op falsch verstane Rolleklischeeën zrëckzeféieren.

Zum Schluss wëll ech soen, dass et an Zukunft wichteg ass, dass d'Iddi vum Projet "Gläichheet deelen" net op deem klengen Grupp vu Spillschoulsleierinnen dierf begrenzt bleiwen. D'Erzéiung zur Gläichheet ass wichteg fir all

d'Kanner. D'Léierpersonal, souwuel am Précoce, an der Spillschoul wéi am Primaire, kann hëllefen, nei Welte fir d'Kanner opzemaachen.

Grad esou séier sinn, oft onbewosst an an Ongedanken, Dieren erëm zougeschloe ginn, déi vläch doheem am Elterenhaus opgemaach gi waren, respektiv ëmgekéiert.

Erlaabt mer e Beispill virunzeginn, wat mer ganz gutt gefall huet aus dem Buch vun der Mme Grabrucker: "Typisch Mädchen ... Prägung in den ersten drei Lebensjahren": E klengt Kand ass bei enger Juegd derbäi an interesséiert sech besonnesch fir déi geschossen Déieren. Déi Erwuesse fannen dat nawell gutt a soen zum Kand: Du gëss bestëmmt eng Kéier e Jeeër, wann s du grouss bass. Da seet d'Mamm: Neen, et ass kee Jong, et ass e Meedchen. An dann ass d'Begeeschterung vun deenen Erwuessenen, déi ronderëm stinn, net méi esou grouss a se soen: Du kanns awer ëmmer nach Metzleschmadame ginn.

Mir mussen deemno eng bewosst Genderéducation an d'Basisformatioun vun deem zukünftege Léierpersonal, deenen zukünftegen Erzéier eranhuelen, wéi dat elo schonn zum Deel, awer nëmmen an der Formation continue um IIES an an um ISERP zu Walfer, de Fall ass. De Projet "Gläichheet deelen" soll net nëmmen op d'Spillschoul begrenzt bleiwen, mä och am Primaire a virun allem am Postprimaire eng Roll spillen an am Alldag vum Schoulbetrib respektéiert ginn.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président. - D'Wuert huet d'Mme Delvaux-Stehres.

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Härren, ier ech zu menger inhaltlecher Interventioun kommen, wëll ech awer mä Befriemen ausdrécken, fir datt och wann et en Débat iwwert d'Fraen an d'Fraekommission ass, dach awer déi Regeln, déi fir aner Débats spillen, och hei solle spillen. Ech kann eigentlech net verstoen, wéi sou dass Mme Nicklaus-Faber, déi vun der Kommissioun unanime als Presidentin an als Rapportrice fir dëse Rapport designéiert ginn ass, eng Motioun ofgëtt während hirer Interventioun als Rapportrice. Dat kann ech ëmsou manner verstoen, wann ech gesinn, dass nach dräi Leit vun der CSV Stellung huelen. D'Mme Nicklaus-Faber misst sech décidéieren, ob se Rapportrice ass oder ob se Spriecherin vun der CSV ass.

M. Fernand Greisen (ADR). - Et ass vill Duerchernee bei der CSV.

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV), rapportrice. - Loosst dat emol eis Suerg sinn.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Et ass awer och net fair vis-à-vis vun deenen anere Kolleegen. Wann Der eng Majoritéitsmotioun maacht, da sot dat.

M. Marco Schank (CSV).- Dir hutt lech enthale beim Rapport.

(Interruptions diverses)

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV), rapportrice.- Dir hutt de Rapport och net gestëmmt.

M. Alex Bodry (LSAP).- Dat huet guer näischt domat ze dinn.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Hutt Dir eng Motioun an der Kommissioun ofgestëmmt? Jo oder neen?

M. le Président.- Loosst d'Mme Delvaux-Stehres dach schwätzen.

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP).- Här President, ech verstinn net, firwat déi Opreegung hei ass.

Wann ee wëllt ee large Konsens fannen zu esou engem Thema wéi deem heiten, wou all d'Leit der Meenung sinn, dass et wichteg ass, dass mer eng Politique de l'égalité hei zu Lëtzebuerg hunn, da géif ech och mengen, et wär gutt gewiescht, de Konsens an der Kommissioun ze sichen an déi aner Parteien ze froen, ob se géifen dës Motioun mat ënnerschreiwen, well se ass jo nëmme vun den zwou Majoritéitsparteien ënnerschriwwen. Op d'Motioun selwer kommen ech herno nach zrëck.

(Interruptions diverses)

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV), rapportrice.- Här President, ech hätt gärën d'Wuert, wann ech glift.

M. le Président.- Dir hutt als Berichterstatterin d'Recht, fir herno zu allem, wat gesot ginn ass, Stellung ze huelen.

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV), rapportrice.- Ech si Rapportrice, da kann een dach d'Wuert kréien, esouwäit ech weess.

M. le Président.- Mme Nicklaus-Faber, wann Der esou eng wichteg Erklärung ze maachen hutt, da kritt Der d'Wuert.

Une voix.- E bësse méi Sérénitéit, Mme d'Rapportrice.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Si huet anscheinend keng Regeln.

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV), rapportrice.- Fir hei d'Gemiddler ze berouegen, wollt ech just soen, dass mir an der Kommissioun, an ech hat dat och a menger Ried gesot, de Suivi vun den Debatten och op Wonsch vun der sozialistescher Fraktioun gemaach hunn. Leider muss ech awer soen, dass vun der sozialistescher Fraktioun praktesch keen un de Kommissiounssitzungen deelgeholl huet. Just bei der leschter Sitzung, wou mer de Rapport sollte stëmmen, ass d'Mme Delvaux-Stehres, déi net Member vun der Kommissioun ass, komm a si huet sech beim Vote enthale. Wann dann eng Motioun gemaach gëtt, denken ech, dass een dann och net vill Intérêt un där Motioun huet.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Jiddferee kënnt zu Wuert, just d'Mme Delvaux net, déi d'Wuert huet.

Här Garcia, Dir hutt d'Wuert.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Här President, ech wëll der Mme Delvaux awer Recht ginn, well mir hunn eis genau wéi d'sozialistesche Fraktioun an der Kommissioun beim Rapport enthalten, ënner anerem well mer gesot hunn, dass de Rapport zwar eng gutt Bestandsopnam mécht, mä dass awer keng Konklusiounen géife gezu ginn, an d'Konklusiounen an d'Opfuerderungen, dat alles ass jo d'Motioun.

Mir hätte kënnen dermat liewen, wann eng Motioun entweder an der Kommissioun oder duerno presentéiert gi wär, mir hätte se och kënnen mat ënnerschreiwen, an dofir huet d'Mme Delvaux 100%eg Recht bei deem, wat se seet.

M. le Président.- Ech mengen elo wär d'Affär gekläert.

(Interruptions diverses)

Här Colombara, Dir sidd als Nächsten agedroen, fänkt elo net och nach un.

Mme Delvaux, Dir hutt d'Wuert.

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP).- Här President, just nach ee Wuert derzou. Ech wëll op dëser Tribün soen, dass d'Mme Err eng ganz fläisseg Member ass vun der Kommissioun vun der Egalitéit, si awer krank ass a si dofir a verschiddene Sitzungen net konnt present sinn an och dofir haut de Mëtteg net kann hei schwätzen. Ech hoffen, dass ech würdeg sinn, obschonn ech net Member vun där Kommissioun sinn, fir hei kënnen eng Interventioun zu dësem Sujet ze maachen.

M. Alex Bodry (LSAP).- Ganz zum Schluss.

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP).- Jiddefalls hunn ech emol d'Vertraue vu menger Fraktioun. Wann Der mer eng Chance gitt, da kommen ech och nach zum Sujet.

Dee Rapport huet zwee Deeler. Deen een iwwert d'Dimension du genre an der Educatioun, der Formation an am Emploi. Den zweeten Deel ass de Suivi vun de Motiounen säit dem éischten Débat zum Thema 1996. Mir si frou, dass e Suivi an dësem Rapport ass. Et ass déi éischte Kéier. D'Mme Mutsch, sozialistesche Deputéiert, fret dat säit 1998.

Wann ech soen, et ass e Suivi, da kann ee soen, et ass e Versuch, fir e Suivi ze maachen, well effektiv si 77 Recommandatiounen an deene Jore gemaach ginn. An deene Recommandatiounen ass och eng grouss Variatioun dran. Déi eng si méi einfach ëmzesetzen an déi aner si vill méi komplizéiert ëmzesetzen.

Et ass relativ prezis, wa mer soen, mir hätte gärën e Gesetz géint d'Violence an de Familljen. Dat ass ganz schnell

gemaach ginn. Et ass och prezis, wann ee seet, de Rachat vun de Pensiounsrechter hätte mer gären. Iwwregens war dat net am Gesetz vun 2000 mä am Gesetz vun 1999. Ech war zwar nëmmen eng Kéier an der Kommissioun an ech hat der Mme Rapportrice dat och gesot, mä si huet et net zur Kenntnis geholl, dass dat een aneren Datum war.

Et ass natierlech méi komplizéiert, wann ee Recommandatiounen mécht, wou ee seet, mir musse Campagnes de sensibilisation maachen. Dat ass net evident. Wou moosse mer de Succès vun enger Campagne de sensibilisation? Wéi vill müssen der genaach ginn? Huet dat en Impakt? Wéi gëtt eng Evaluatioun dervu genaach?

Wat mer och net esou evident schéngt, dat ass, wann ee seet, mir hätte gären, dass d'Ministère besser zesumme kooperéieren. Do ass zum Beispill d'Recommandatioun 49, déi mir extra gutt gefall huet, déi déi Kooperatioun freet. Ech hu gekuckt. Wat ass dann elo geschitt als Kooperatioun? Do gëtt gesot an dem Rapport: "Des progrès sont à enregistrer au niveau de la coopération entre les différents ministères compétents. Le Comité interministériel de l'égalité entre les femmes et les hommes assure la coordination des actions et politiques."

Wann ech dann am Rapport d'activité vum Ministère nokucken, da gesinn ech effektiv, dass déi sech vill mat enger Definitioun vun där Notioun vu "sexe sous-représenté" beschäftigt hunn. Da gëtt nach als gutt Beispill de Plan national en faveur de l'emploi zitéiert. Do muss ech e bësse schmünzelen, well do hunn de Ministère de la Promotion féminine an de Ministère de la Famille gutt zesummegeschafft. Ech si frou, dass d'Mme Minister dat fäerdeg bréngt an deem Haus.

Da mengen ech awer, déi Begeeschterung wär manner grouss, fir mat anere Ministèrenen zesummenzeschaffen. Dat steet net am Rapport, mä ech hu mer als Observateur d'Bemierkung genaach. De Ministère de la Promotion féminine huet sech vill Méi ginn, fir e Buch erauszeginn, wou all d'Titele féminiséiert sinn. Et ass fir all Beruff e weiblichen Titel. Ech stelle fest, dass d'lescht Joer eng Broschür erauskomm ass vum Ministère vun der Education nationale, fir d'Meedercher ze sensibiliséieren, dass se och kënnen e Jongeberuff ugoen, an do sinn d'Titelen alleguer männlech dran. Dee weiblichen Numm ass guer net festgehalten. Op d'Fro hinn huet d'Mme Minister vun der Education nationale gemengt, dat wär och guer net noutwendeg, dass een déi Titele géif weiblich gebrauchen. D'Kooperatioun schéngt mir net esou gutt ze sinn. Ech si frou vun der Mme Minister vun der Promotion féminine ze héieren, wa Progrès sinn. Et kann een ëmmer hoffen.

Wann deen Effort genaach ginn ass, fir e Suivi vun de Recommandatiounen ze maachen, denken ech, dass een an Zukunft ka méi prezis Recommandatiounen un d'Regierung riichten. Dat mécht et och méi einfach ze moossen, ob se agehale gi sinn oder net. Vläch misst och

déi Kommissioun sech méi sophistikéiert Instrumenter ginn, fir ze moossen, ob dat, wat genaach ginn ass, och den Erwaardungen entsprécht. Geet et duer? Esou ass et e bëssen d'Geschicht vum Glas. Et ass hallef voll oder et ass hallef eidel. Et weess een net genau, ob een Optimist oder Pessimist ass. Et kann een da säi Jugement ofginn.

Deen zweeten Deel vu menger Interventioun geet iwwert d'Dimension du genre an der Educatioun, der Formatioun an am Emploi. Dat Gutt un dësem Débat ass, dass en erlaabt - ech hoffe jiddefalls -, och an der öffentlecher Meinung klorzemaachen, wat dat ass. Et sinn erstaunlech vill Leit, déi mech gefrot hunn an där, déi et misste besser wëssen, wat ass dat dann, de Genre, de Genre. Ech zitéiere keng Nimm, wie mech dat alles gefrot huet.

Et stellt eng Terminologie klor. Bei enger Discrimination de sexe, do mécht een e Bezuch op de biologeschen Ënnerschied, deen tëschent engem Mann an enger Fra besteet, deen een net kann an och net wëllt änneren.

D'Dimension du genre, déi mécht eng Referenz op déi sozial Ënnerscheeder tëschent Mann a Fra an déi sinn net "inné". Et ass evident, dass eng Fra biologesch e Kand op d'Welt setzt, mä et steet néierens geschriwwen, dass d'Fraen och müssen d'Kanner grousszillen. Dat ass fir déi, déi et souguer heibannen eventuell nach net verstanen hätten, déi Erklärung. Dat ass dat Positiivt un dësem Débat.

Da soe mer, mir wëllen eng Egalité hommes-femmes zu Lëtzebuerg réaliséieren. Dat ass jiddefalls emol déi erkläerten Absicht. An dann ass et och wichteg, dass een d'Politik ofschätzt an nom Impakt jugéiert, op dann eben de Genre, op déi sozial Konsequenzen op Mann a Fra. Och dat ass net esou evident. Well bei verschidene Politike seet een, do maache mer a priori jo keen Ënnerschied tëschent Mann a Fra, also ass et geschlechtsneutral. Mä am Fong muss ee sech bei all Politik d'Fro stellen, ob dat aner Konsequenzen op de Grupp vun de Männer huet wéi op de Grupp vun de Fraen. Wann een eng Politique de l'égalité wëllt maachen, misst ee méi eng differenzéiert Politik maachen en fonction vun de Männer a vun de Fraen. Fir ee Beispill ze soen, wat ech gutt kennen, dat ass an der Rentepolitik. Wann ee seet Babyjoren: Do ass et evident, dass dat eng Politik ass en faveur vun de Fraen.

Een anert Beispill, wat net esou gare gehéiert gëtt, dat ass, wann een d'Pensiounen an d'Luucht setzt. Do huet ee jo zwou Méiglechkeeten. Et mécht een dat forfaitaire oder et mécht een et proportionell zu de Revenuen. Et ass evident, dass fir d'Fraen en général et méi interessant ass, forfaitaire Léisungen ze proposéiere wéi proportioneller. Dat heescht awer net, dass déi Politik hei zu Lëtzebuerg ëmmer genaach gëtt.

Ech mengen, et wär emol wichteg, dass d'Leit sech bewusst sinn, dass dat kann en Ënnerschied sinn. Ech

perséinlech hätt léiwer an de Renten eng Léisung gehat, déi méi op de Forfait insistéiert hätt. Dofir hate mir jo en 13. Mount proposéiert, deen an déi Richtung gaangen ass, eng Léisung, déi méi fraefrëndlech gewiescht wär, wéi dat, wat elo festgehale ginn ass.

Dann ass haut am Débat de Gender mainstreaming, wat elo d'Schoul, d'Education, d'Formation ugeet. Et gëtt awer och e Relevé gemaach vun all deenen anere Politiken. Am Emploi stelle mer fest, dass d'Ecarte beim Taux d'emploi tëschent de Männer an de Frae grouss sinn. Et gëtt nach ëmmer Différences de salaire. Interessant ass, dass wann een och alles erausrechent, och dass d'Frae méi kuerz Carrièren hunn, den Ënnerscheed tëschent de Männer an de Fraen nach 11% ass, wat awer trotzdeem ganz héich ass.

Den Niveau économique, den Niveau politique. Ech mengen, déi Ziffre sinn alleguer vun der Rapportrice gesot ginn. Ech brauch se net ze widderhuelen. Da stelle mer fest, et gëtt nach ëmmer Ongläichheeten tëschent Männer a Fraen an deenen Domänen.

Da komme mer zur Schoul a mir soen, an der Primärschoul, do réusséieren d'Meedercher en général besser wéi d'Jongen. Bei de Meedercher si manner Echecen. Et sinn nëmmen 42% vun de Meedercher an de Classes d'attente an an de Classes spéciales.

Am Secondaire général si 55,3% vun de Schüler Meedercher. Also der méi wéi Jongen. Dat huet natierlech als Konsequenz, dass der am Technique manner sinn. Do sinn der 5% manner.

Am Enseignement supérieur hu mer net vill Zuelen. Mir hu souwéiso net vill Zuelen iwwert den Enseignement supérieur, mä déi, déi mer hunn iwwert de Centre universitaire, iwwert d'Boursen, déi ausgedeelt ginn, loossen drop schléissen, dass mer praktesch eng Egalitéit hunn tëschent Jongen a Meedercher.

Da komme mer awer zur Feststellung, wat d'Orientatioun ugeet, dass et do ganz grouss Ënnerscheeder gëtt. Dass d'Meedercher an de Filières littéraires an artistiques méi vertruede sinn, och an de soziale Filiären, a vill manner an de Filières scientifiques. Da gëtt eng Konklusioun gezunn an deem Rapport, déi ech, esou wéi se do steet, net kann deelen. Et steet do: "En tant qu'institution émanant d'une société marquée par une longue histoire d'inégalités, le système éducatif reste imprégné d'idées et de conceptions sexistes et genrées. Il n'est partant pas en mesure d'offrir aux femmes de réelles possibilités de développement."

Ech géif soen, dass d'Schoul u sech, vu dass d'Meedercher net esou schlecht do réusséieren, net eng Maschinn ass, fir Inégalités ze produzéieren. Wat mer net fäerdeg bréngen, dat ass de Succès scolaire herno an e Succès professionnel an an e Succès an der Gesellschaft ze verwandelen. Do gëtt et natierlech vill Ursaachen, firwat dat esou ass. Dat sinn d'Konditiounen um Aarbechts-

maart a ganz bestëmmt och déi Biller, déi do vehiculéiert ginn, iwwert déi traditionell Clichéen, an déi gi ganz bestëmmt och an der Schoul vehiculéiert. Si ginn an der Schoul vehiculéiert, mä si ginn och an der Opinion publique, an de Medien an onbewosst vu ganz ville Leit vehiculéiert.

Fir an der Schoul dergéint ze intervenéieren, ginn zwou Pistë genannt. Dat eent ass d'Campagne "Gläichheet deelen", déi den Här Schank hei beschriwwen huet. Ech fannen dat e ganz flotte Projet, e ganz interessante Projet. E bréngt sécher deenen, déi matmaachen, mä dat si jo Fräiwëlleger, ganz vill. Ech mengen, et wär wichteg, dass mer soe géifen, déi Experienzen, déi aus deem Projet erauskommen, géife mer an d'Formation vun de Schoulmeeschteren, vun den Educateuren, vun de Professoren integréieren. Et ass elo e gudde Moment, well jo eng Reform vun deenen Ausbildung sech opdrängt.

Déi zweet Piste, déi do opgezechent gëtt, do ass mir net ganz klor, wat de Rapport wëllt soen, dat ass d'Coéducation. Dat ass den zweete Volet, deen d'Schoul direkt ugeet.

Ech wëll rappeléieren, dass an den A vun de Sozialisten d'Mixitéit e grouse Progrès an der Schoul duergestallt huet. Ech bedauern oft, dass déi spezifesch Fraenaktivitéiten immens ënnert d'Rieder komm sinn an et haut nach méiglech ass, dass d'Leit domm Remarque maachen iwwer Kachen a Bitzen an der Schoul. Ech hunn dat net esou abwegeg fonnt. Ech hunn et grad esou nätzlech fonnt wéi Batik a wéi Molen, mä natierlech hätt et och misse fir d'Jongen dann offréiert ginn. Dat ass natierlech ënnert den Dësch gefall.

Wa mer feststellen, dass am Allgemengen an eise Schoulssystem d'Meedercher eigentlech besser Resultater hu wéi d'Jongen, da sinn ech erstaunt, dass dee Rapport einfach esou seet, dass de System vun der Mixitéit hätt "montré ses limites. Certaines personnes" - ech weess net, wien dat ass, et steet och net am Rapport - "vont jusqu'à affirmer que la coéducation porterait préjudice aux filles."

An da steet nach am Rapport, an ech weess och net, wou déi Informatiounen hierkommen: "Les garçons déterminent les activités de la classe en raison de leur comportement plus bruyant et plus agressif. Ils attirent plus l'attention de leurs enseignants. En se basant sur les rétroactes, on peut dire que notre système d'éducation mixte ne prend pas toujours en compte les intérêts et les capacités de tous les enfants."

Do froen ech, an dat ass eng vun de Schwierigkeete vun deem Rapport: Wat heescht dat genau? Wéi eng Retroakte sinn dat?

Da gëtt gesot, am Ausland wäeren "des résultats satisfaisants", wann een eng alternativ Coéducation géif "dans certaines matières" proposéieren. Och do meng Fro: Dans quelles matières?

Da gëtt gesot, am Secondaire an am Secondaire technique solle mer Cours non mixtes proposéieren. Da kënnt erëm meng Fro: Firwat just am Secondaire an am Secondaire technique? Mir hu virdrun héieren, dass et immens wichteg wär, fréi ze intervenéieren, schonn an der Spillschoul, fir dass déi Stereotypen net géifen opkommen.

Dat sinn alles Froen, déi och am Rapport net beäntwert ginn. Ech wëll net ënnerstellen, dass een d'Mixitéit a Fro stellt. Ech wëll just ganz daitlech soen, dass jiddefalls dee Passage - eng hallef Säit am Rapport - net kann als Prétexte déngen, dass mir géifen zoustëmmen, dass d'Mixitéit an eise Schoule géif a Fro gestallt ginn.

En général sinn ech zur Konkusioun komm, dass an deem Rapport eigentlech ganz vill Conditioneller sinn a vill Espoiren ausgedréckt ginn an net ganz vill ferm Revendikatiounen. Dat war och eng vun den Ursaachen, firwat ech deem Rapport net zougestëmmt hunn a mech enthalten hunn. Mir hunn herno nach d'Geleeënheet, op d'Motioun zréckzekommen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Mme Maggy Nagel.

Mme Maggy Nagel (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech der Mme Ferny Nicklaus-Faber, Presidentin a Rapportrice, merci soen, fir hire mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Haut am 21. Jorhonnert soll an dierf d'Gläichsetzung vu Fraen a Männer u sech keen Thema méi sinn. Virum Lëtzeburger Gesetz sinn d'Fraen an d'Männer gläichgesat. Eis Konstitutioun respektéiert mam Artikel 11, Alinéa 2, d'Rechter an d'Dignitéit vun alle Mënschen, ganz egal zu wéi engem Geschlecht se gehéieren. D'Engagement vun eise Land an deem Kontext spigelt sech och erëm an der d'Randifikatioun vun europäeschen an internationalen Traitéen oder Konventiounen, wéi zum Beispill der Mënscherechtsdeklaratioun, der Konventioun zur Eliminatioun vun allen Diskriminatiounsforme vis-à-vis vun de Fraen.

Och national gesinn hu mir eng ganz Rei vu Gesetzter, wéi d'Gesetz vum 8. Dezember 1981 "relative à l'égalité de traitement entre femmes et hommes en ce qui concerne l'accès à l'emploi, à la formation et à la promotion professionnelles et les conditions de travail", déi d'Egalitéit daitlech ënnerstëtzen.

An der Praxis allerdings ass d'Situatioun leider net ëmmer esou einfach, wéi de Gesetzgeber dat a sengen Texter virschléit, ob jiddefalls net wa mer d'Zuele betruechten, déi eis sollen Indikatiounen ginn iwwert d'Presenz an d'Verhale vun de Fraen am Beruffsliewen, op wichtigen Décisiounsposten, am politesche Liewen an och an der Formatioun an an de Schoulen.

D'Zuelen, op déi ech nach gläich wäert méi am Detail agoen, weisen eis eigentlech éischer, dass d'Fraen, déi ëmmerhin hei zu Lëtzebuerg 50,66% vun der Gesamt-

bevölkerung ausmaachen, systematesch ënnerrepräsentéiert sinn. E Punkt, dee jo och am Rapport daitlech ervirgehewe gëtt.

Huele mer zum Beispill d'Zuelen aus der Beruffswelt. Zu Lëtzebuerg ass d'Situatioun déi, dass nëmmen eng Fra op zwou schaffe geet. Am Joer 2000 long de Prozentsaz bei 52,5. Den Ecart tëschent beruffstätege Fraen a Männer steigert sech nach, wa mer d'Zuele bei den Hallefszäit-aarbechtsplaze kucken. 1999 waren et 25% bei de Frae géint 2% bei de Männer. An der Fonction publique sinn d'Chiffren nach méi daitlech: 16,5% géint 0,7%.

Op den éischte Bléck gesinn dës Statistiken net grad vill verspriechend aus. Erlaabt mer trotzdeem hei eng kleng Klammer opzemaachen. Tëscht all deenen Zuelen, déi weisen, dass d'Presenz vun de Fraen um Aarbechtsmaart net esou ass, wéi se kéint, sollt oder a villen Ae misst sinn, dierf eppes Wichteges net vergiess ginn. Och haut nach, wou d'Wuert Gläichberechtigung oft gebraucht gëtt, gëtt et nach ganz vill Fraen, déi de Wonsch hunn, zwou Saache mateneen ze verbannen, an zwar de Beruff an hir Famill.

Si si dofir manner respektéiert, well se keng grouss Carrière wëlle maachen? Sinn déi Méiglechkeeten, op déi se haut kënnen zréckgräifen, wéi zum Beispill Deelzäit-aarbecht oder Télétravail, net oder och e Moyer, fir déi Egalité de chances entre femmes et hommes ze erreechen, vun där mir esou vill schwätzen? Wéi eng Situatioun géinge mir virfannen, wann et dës Méiglechkeeten net géif ginn?

Elo kann een natierlech higoen a behaapten, och d'Männer kënnte vun dëse Méiglechkeete Gebrauch maachen. Dat ass sécherlech kee falscht Argument, et ass souguer eng probabel Zukunftsperspektiv, op déi ee misst hischaffen.

Ech géing an deem Kontext nach gären op eppes hiweisen, wat, wëllentlech oder och net, allze oft vergiess gëtt, eppes wat zum Deel erkläert, firwat haut nach net genau esou vill Männer sech ëm d'Kanner an ëm hir Famill këmmere wéi Fraen, déi beruffstäteg sinn, an zwar dierfe mir net vergiessen, dass d'Gläichberechtigung haut am 21. Jorhonnert schonn e wäite Wee hanneru sech huet. Mir erënneren eis, dass virun net allze laanger Zäit d'Fraen emol net hunn dierfe wiele goen oder e Konto op enger Bank opmaachen, ouni den Accord vun hire Männer. Déi ganz Erzéiung, déi d'Fraen an eng Roll vun Ënnerwerfung gezwongen huet an hinnen net d'Méiglechkeet ginn huet, fir Schoulen ze maachen, och déi Zäit ass nach guer net esou laang hier.

A mengen Aen drängt sech dofir de Gedanken op, dass mer de Mentalitéitswiessel müssen ënnerstëtzen, fir d'Séquellen, un deenen eis Gesellschaft haut nach knat, esou séier wéi méiglech ze verbannen, e Mentalitéitswiessel, deen op alle Pläng schonns säit Joren ugefaangen huet an duerchaus an alle Beräicher u Gewiicht gewonnen huet.

De Rapport zu dësem Débat d'orientation schreift zwar, datt am Laf vun de leschte Joren ëmmer méi Frae sech fir d'Beruffsliewen entscheed hunn. Gläichzäiteg mengt en awer och, dat wier eng Realitéit, "qui ne doit nous faire occulter la persistance d'une inégalité professionnelle vis-à-vis des hommes".

Här President, et gëtt sécherlech haut nach eng ganz Rei vun Ongerechtegkeeten, virun allem am Beruffsliewen. An och d'Demokratesch Partei ass der Meenung, datt et net dierft sinn, datt Frae mat darselwechter Erfahrung, deemselwechten Know-how an deeneselwechte Qualitéiten trotzdeem manner bezuelt ginn, wéi hir gläichgesate männlech Aarbechtskolleegen. Dat ass definitiv eng Realitéit, déi onberechtegt ass a géint déi mir müssen als Employeur an als Politiker virgoen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Mentalitéitswiessel, vun deem ech schonn esou oft op dëser Plaz geschwat hunn, ass net nëmmen e gesellschaftlecht Phänomen. Och eis politesch Responsabel setze sech an hire jeeweilige Beräicher dofir an. De Gesetzesvorschlag zum Beamtestatut zum Beispill enthält eng ganz Rëtsch un neien a wichtegen Initiativen, déi de Frae wäerte vun Notze sinn. Ech denken ënner anerem u Beräicher vun der Deelzäitaarbecht oder dem Télétravail.

Mä och an der Rentepolitik géing ech gär op eng gutt a luewenswäert Initiativ, déi dem Rentendësch ze verdanken ass, hiweisen. Esou soll e spezielle Groupe de travail zum Beispill, un deem d'Representantinnen aus dem Conseil national des femmes luxembourgeoises och deelhuefen, sech seng Gedanken iwwert d'Individualisatioun vun de Pensiounsrechter maachen, eng Problematik vun där jo d'Fraen an hirer sozialer Ofsécherung sécherlech betraff sinn.

Mä och an deem neie Gesetz iwwert d'Formation professionnelle continue ass de Kritär vun der Egalité des chances e feste Bestanddeel.

Dëst sinn elo just e puer Beispiller, déi weisen, datt d'Egalitéit tëschent Fra a Mann e feste Bestanddeel vun eiser Politik ginn ass.

Zum Schluss wëll ech - an dat schéngt mer besonnesch wichteg ze sinn - kuerz drop hiweisen, datt och d'Gesellschaft u sech sech ëmmer méi konkret an dës Richtung beweegt, an dat ëmsou méi wou si de Spigel vun eiser Approche an eiser Mentalitéit ass.

Hauptgrond fir de Mangel un Unerkennung, dem Respekt, der eegener Meenung oder der beruflecher Carrière ass a wor nach ëmmer eng feelend Educatioun. Dat wor jo och an der Vergaangenheet d'Mëttel fir d'Fraen an der Gesellschaft kleng ze halen.

Haut schwätzen d'Zuele vun deene Meedercher, déi hir Schoule fäerdeg maachen, e Beruff léieren oder op d'Uni gi fir sech. Am Enseignement secondaire classique zum Beispill ginn et mat 55,3% méi Meedercher wéi Jongen.

Eng Ausbildung ass also net méi d'Exklusivitéit vun der Männerwelt.

Wat eleng d'Héichschoule betrëfft, do hu mer eng Quasiparitéit tëschent de Studentinnen an de Studenten. De Centre universitaire vu Lëtzebuerg zielt dëst Joer 49,9% Studentinnen. Datselwecht Bild weist sech och am Beräich vun der Formation professionnelle continue.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir mech a fir d'Demokratesch Partei sinn dës Chifferen de Bewäis, datt dee Prozess, dee viru Joren déclenchéiert ginn ass, fir d'Gläichberechtegung tëschent Fra a Mann definitiv an eiser Gesellschaft ze verankeren, ouni Zweifel sai Wee geet a sech op wäite Pläng bereeits behaupt huet.

Mir solle sécherlech weiderhin u Méiglechkeeten denken a se och schafen, fir d'Gläichberechtegung ze fördern. Allerdéngs ass et mir wichteg, datt Kritäre wéi zum Beispill Qualitéit, Wëssen a Savoir-faire an dës Méiglechkeeten net ënnert den Teppich gekiert ginn, mä Virrang hunn. Fir d'Demokratesch Partei läit de Prinzip vun der Gläichberechtegung net am Ervirkewe vun den Ënnerscheeder oder an der Verweiblechung vun Titelen, mä am Valoriséieren, ob Fra oder Mann, vun der Qualitéit an dem Know-how.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Jean Colombero agedroen. Den Här Colombero huet d'Wuert.

M. Jean Colombero (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëllt ech der Mme Rapportrice, der Mme Nicklaus-Faber, félicitéieren, fir hire mëndlechen a schrëftleche Rapport. Dee Rapport ass zolidd, gutt recherchéiert a fundéiert, an dës excellent Aarbecht beweist, wéi eescht d'Mme Nicklaus als Presidentin vun dëser Kommissioun sech asetzt, fir d'Chancëgläichheet ze promovéieren. All Respekt virun dëser Leeschtung!

Déi Diskussioun, déi mer haut féieren, geet ganz wäit, obschonn d'Hauptzil d'Chancëgläichheet an hir Realiséierung op ekonomeschem, politeschem a soziefamiliärem Niveau ass.

Mat dëser Debatt stelle mir de Modell vun der traditioneller Gesellschaft a Fro, nämlech datt et eng männlech an eng weiblech Identitéit gëtt, an et gëtt verlaangt, datt de Mann an d'Fra iwwer hir traditionell Geschlechterroll müssen erausgoen.

Zum Beispill soll e Jong och ouni Schimmt mat Poppe spillen oder Geschir spullen, an d'Meedche soll geléiert ginn, fir kleng Reparaturen am Haus ze maachen oder sech fir d'Mécanique vum Auto ze interesséieren. Et dierf een zum Beispill net méi pauschal soen, datt de Jong staark, aggressiv, frech, wëll oder selbstsécher ass, an datt d'Meedchen zëmperlech, brav, sensibel, léif oder fläisseg ass, mä et ass ubruecht fir ze soen, datt de Jong Courage huet, mä awer och ängschtlech a sensibel ka sinn, an datt

d'Meedchen Angscht, mä awer och Mutt huet, an datt et ausser emotional och rational ka sinn.

D'traditionell Weiblechkeet an d'traditionell Männlechkeet sollen net méi zu den übleche Virstellunge gehéieren. Dat leeft drop eraus, datt d'Elteren engersäits an d'Schoulpersonal anersäits de Jong net méi als Jong mat den traditionelle Charakterzich, an d'Meedchen net méi als Meedche mat den traditionelle Charakterzich ugesinn, mä als neutral Persoun, déi vun hire soziokulturellen Attributer entbonnen ass.

Fir dat ze erkläre weisen ech op d'Geschicht vun der Lusterprinzessin an de Ritter Schudderech hinn. Dës Geschicht ass am Préscolaire am Kader vum Projet "Partageons l'égalité" presentéiert ginn. D'Zil vun der Geschicht ass, fir de Respekt an de Partenariat tëschent Jong a Meedchen ze fördern an dat schonns vu klengem un. U sech kann een dat begrëssen, datt d'Kand sech mat enger Vielfalt vu Charakterzich identifizéiere kann.

Et ass kee Feeler, wann e Mann och eng Kéier kräischt a wann eng Fra och eng Kéier méi haart ass.

Ech hat op der Säit 23 vum Rapport Problemer mat der Zitatioun vun der Mme Nicklaus, déi seet: "L'attitude des enseignant(e)s à l'égard des occupations dites masculines imprime le subconscient des filles et pose les jalons d'un éventuel changement de perception de soi." Dat kann ee vläicht vun der positiver Säit kucken, an ech ginn dovun aus, datt d'Mme Nicklaus dat och esou wollt ervirsträichen, mä et kann een dat och vun der negativer Säit kucken. Et wier zum Beispill falsch fir ze soen, wann een am Numm vun der Gläichgestaltung am Extremfall d'Ennerbewosstsäin vun engem Kand géing manipuléieren an dat duerch psychosuggestiv Methoden, déi dozou géife féieren, datt déi déif psychologesch Prozesser géife gestéiert ginn. Dat kënnt zu enger Perséinlechkeetsspaltung féieren.

Well vum medezinesche Standpunkt hier sinn ech der Meenung, datt ofgesi vun der soziokultureller Verwurzelung, déi seet, datt e Jong staark, couragéis oder aggressiv ass an e Meedche schwach, zëmperlech an net couragéis, trotzdem awer verschidde Charakterzich eng biologesch Spezifitéit hunn an duerch neurohormonell Komponente bedéngt sinn.

Et gëtt versicht, dës déif Transformatioun vun der individueller Verhalensaart a -weis a vun der kollektiver Haltung géintwärt eiser kultureller Verwurzelung, déi zu Ongläichheete féiert, Ongläichheeten, déi direkt oder indirekt d'Liewe beaflossen, duerch dee sou genannten "gender mainstreaming" riicht ze bëien. Dee versicht, fir dës Gläichheetsprinzip an de Liewenssituatiounen ze integréieren.

Dësen "gender mainstreaming" gouf 1995 zu Peking festgehalten. Zënter 1997, nom Traité vun Amsterdam, ass de "mainstreaming" als eng vun de Missiounen vun der Europäescher Unioun agefouert ginn.

Eis Regierung huet zënter 1997 versicht, fir dës "mainstreaming" ze konkretiséieren. Dat soll fréi ufänken a vun den Elteren an dem Schoulpersonal matgedroe ginn a lues a lues soll dat sech wéi e Flächebrand ausdehnen.

Ech wëllt elo an dësem Kader op déi spezifesch Situatioun vun der Schwangerschaft hiweisen. An Däitschland gouf am Numm vun dëser neier Strategie an der Gläichstellungspolitik eng nei Strahlenschutzveruerdnung ëmgesat.

Bis elo war et esou, datt de Schutz vun ongebuere Kanner dat Allerwichtigst war. Schwanger Frae konnten net a Röntgen-Raim, Laboratoiren a Beräicher vun nuklearen Anlage mat méi héijer Strahlung tätég sinn.

Säit dem 1. August 2001 ass et de schwangere Fraen erlaabt, an dësem Beräich ze schaffen, mat enger regelméisseg medezinescher Kontroll. Studien, mat Date vum weltwäit unerkannten Oxford Kannerkribsregister, hunn awer gewisen, datt souguer duerch eng eenzel Röntgen-Opnam vun enger schwangerer Fra d'Leucémie-Quote, dat heescht, de Bluttkribs vum Kand, sech an deenen éischte Jore verdueble kann.

Also, mat dësem "gender mainstreaming" huet sech d'Rechtslag vum Kand am Mammeleif verschlechtert.

Och zu Lëtzebuerg hu mer viru kuerzem am Parlament eng europäesch Direktiv ëmgesat, déi et de schwangere Fraen erméigleche soll fir nuets ze schaffen, wa si et fir nütze halen. Eist nationaalt Gesetz, dat mer virdrun haten an dat verbueden huet, datt eng schwanger Fra nuets soll schaffen goen, ass einfach liquidéiert ginn, well dat zu Bréissel esou beschloss ginn ass.

Mir gesinn hei, datt den "gender mainstreaming" vläicht fir d'Frae gutt ass, awer net fir dat ongebuert Kand, dat awer normalerweis och e Wuert matzeschwätzen hätt. Dofir kann ech net 100%teg mat esou enger Approche zefridde sinn. D'Fro déi ech stellen ass: Féiert dës Approche net zu engem praktesche Materialismus an domat verbonnen Individualismus an Utilitarismus? Ass dat eenzeg Zil, dat mir sichen, d'Entfalung vun eiser Perséinlechkeet?

Da wëllt ech och op d'Ethik hiweisen. An der däitscher Verfassung gouf kierzlech festgeluegt, datt eng Fra mat an de Krich kann zéien, wat sécherlech am Kader vun der Chancëgläichheet ze verantworten ass. Op der ethescher Säit ass d'Fro erlaabt, wat dat soll, datt eng Fra, déi zoustänneg ass fir d'Kanner op d'Welt ze bréngen, dann awer an de Krich zitt, fräiwëlleg oder gezwongen, fir vläicht op friem Kanner ze schéissen.

En anert Beispill: Wann eng Fra mam bloe Kostüm, mam gielen Helm a mat enger Schëpp am Grapp an engem Gruef niewent enger männlecher Persoun schafft, ass dat wuel Chancëgläichheet, mä si muss vläicht bei den Dokter goen an e Grapp voll Medikamenter schlécken, fir déi schwéier physesch Aarbecht ze packen. Géife mer net

besser do stoen, wa mer der Fra eng Aarbecht géife proposéieren, déi hirer Konstitutioun entsprécht? Et wäert jo awer kee Feeler sinn, wann d'Fra méi tendéiert ass fir de Beruff vun Infirmière, Schouljoffer, Vendeuse oder Sekretärin ze wielen, wéi eng Aarbecht am Gruef?

(Interruption)

A vergiesse mer net, Mme Wagener, wann et enges Dags Chancëgläichheet gëtt, mat enger korrekter Behandlung a mam richtegen Loun, besteet nach ëmmer de Fait, datt d'Fraen engersäits lichter Aarbechten hunn an datt anerersäits Fraen am Gruef mussen schaffen.

Ech zitieren d'Mme Brasseur, déi den 13. November 2001 an der Kommissioun gesot huet, "ech weess net, wann eng Publizitéit mat enger Fra, déi mat enger Schépp am Sand schafft, dozou féiere wäert, dat eng méi grouss Gerechtegkeet an der geschlechtsspezifischer Integratioun mat sech bréngen wäert".

Et gëtt och vill geschwat iwwert déi onsichtbar Barrière um Wee zur Chefétag. Wat d'Etage méi héich sinn, wat de Gruef tëschent de Geschlechter méi grouss gëtt, bedauert d'Mme Linda Wirth, déi an der ILO, der internationaler Aarbechtsorganisatioun vun der UNO schafft. Et ass gewousst, datt een, fir héich ze klammern, och heiansdo mat den Lebeëin muss schaffen. Machtgefiller kommen zum Ausdrock. Eng Fra muss praktesch knallhaart ginn, fir sech op deen Niveau ze hiewen, fir mat der Männerwelt ze konkurréieren. Si muss déiselwecht Eegeschafte hunn, fir duerchzekommen. Muecht a Korruptioun gouf et an der Männerwelt ëmmer. Ech bedauern, datt d'Frae sech dësen haarde Regele mussen ënnerwerfen.

Datselwecht gëllt am Sport: Stéchwuert Kugelschëssen, wou d'Fraen am Osten da männlech gi sinn, fir gutt Resultater ze bréngen. Iergendwéi schéngt et mat der Logik net méi ganz ze klappen.

D'Positioun vum ADR ass déi hei: Jo zur Chancëgläichheet. De Stat soll wäertneutral Konditiounen garantéieren, awer de Stat dierf sech net an eng individuell Décisioun amëschen. Wann et zéng Infirmière gëtt an eng Mécanicienne, dierf de Stat net soen, mir hätten gär fénnef Infirmiëren a fénnef Mécanicien.

Ech hätt mer éischer virgestallt, datt de Ministère eng nei Form vu Weiblechkeet gefördert hätt, an dat ouni an de Versuch ze kommen, fir déi männlech Modeller nozemaachen, mä andeems de richtegen weibliche Genie zur Geltung kéim, an dat queesch duerch déi gesamt Gesellschaftsstruktur, fir all Form vun Diskriminatioun, Gewalt oder Ausbeutung auszemaachen.

De Budget mam Code 12.305 op der Säit 507 gesäit 50.000 Euro als Crédit non limitatif vir, an domat sollen Aktiounen am Kader vu communautaire Programmer am Sënn vun der Chancëgläichheet gestart ginn. Dese Kredit geet, menger Usicht no, net duer, fir positiv Aktiounen ze starten. Ënner positiv Aktiounen verstinn ech:

- Wat mussen mer maachen, dass de Mann d'Fra respektéiert? Ech widderhuelen dat, wat ech nach ëmmer gesot hunn. Esou laang wéi hei keen eppes géint d'Prostitutioun mécht oder géint d'Zouhalter, esou laang kann een hei am Land net vu Chancëgläichheet schwätzen.
- Wat mussen mir maachen, fir d'Jugend a puncto Sexualerzéiung ze responsabiliséieren? Stéchwuert: Antibabypëll mat zwielef Joer! Esou laang d'Jugend d'Sexualitéit nëmmen als Objekt ugesäit, wäerten déi zwee Partner och nëmmen wéi Objekten considéiert ginn, déi ee beliebig auswiessle kann. Dat fördert op kee Fall de géigesäitegen Respekt.
- Wat mussen mir maachen, dass d'Scheedunge réckleefeg ginn?
- Wat mussen mer maachen, dass d'Männer manner gewalttätig géint d'Fra ginn?
- Wat mussen mer maachen, dass de Mann méi Gentleman gëtt, méi Kavalier? Fréier war et esou, dass, wann e Mann an eng Fra virun enger Dier stongen, de Mann der Fra Dier opgemaach huet a se virgelooss huet. Wann e Mann am Bus eng Sätzplaz hat, ass en opgestanen, fir der Fra Plaz ze maachen. Haut ass dat net méi wouer.

Respekt am Partenariat? Jo. Mir wëlle kee Krich ënner Geschlechter, net dass een an dëser Zäit op d'Iddi kënnt, dass fir all Konflikter tëschent Fra a Mann ze léisen et begreissenswäert wär, fir nëmmen Fraen oder nëmmen Männer ze klonen.

Hei am Parlament misste mir mam gudde Beispill virgoen. Mir constatéieren, dass mir hei an der Chamber ee President an dräi Vizepresidenten hunn. Mir hunn näischt géint déi dräi Vizepresidenten, mä et géif der Männerwelt an der Chamber gutt zu Gesiicht stoen, wann och eng Vizepresidentin géif ernannt ginn.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Lauschttert dach dem Här Colombero no! Hie seet vill vernünfteg Saachen.

M. Jean Colombero (ADR).- Ech hunn net ze decidéieren, wien dat si soll, mä ech kéint mir virstellen, dass d'Mme Nicklaus-Faber, als eelst Madame an als engagéiert Presidentin vun der Commission de l'égalité, déi richteg Kandidatin wier. Géint eng Mme Stein oder eng Mme Err, déi och scho laang hei am Haus sinn, wär och näischt anzuwenden.

Mir als ADR hu leider keng Fra an eise Reien, mä mir hätten leidenschaftlech gären eng Damm gehat.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.- Zitt lech zrëck, da réckelt eng Damm no.

M. Jean Colombero (ADR).- Mme Jacobs, ech si frou, dass Der intervenéiert. Et ass richteg, wat Der sot. Wann ech géif demissionéieren, géif eng Fra nokommen. Mme

Jacobs, ech hunn déi Madame scho gefrot, fir mech déi lescht zwielef Méint ze remplacéieren. Déi Madame war leider net d'accord. Wann Der drop bestitt, Mme Jacobs, wäert ech hir et nach eng Kéier proposéieren.

Mir si fir d'Chancëgläichheet a mir setzen eis dofir an. Mir wonneren eis ëmmer, wann déi aner Parteien, déi Fraen an hire Reien hunn, d'Chancëgläichheet net konsequent ëmsetzen an hir weiblech Kolleegen allze oft vergiessen. Mir ware ganz traureg virun zwou Wochen, wéi bei de Sozialisten d'Presidentin vun der sozialistescher Fraen-organisatioun demissionéiert huet mam Argument, dass net vill géif fir d'Weiblechkeet gemaach ginn. Mir ware ganz traureg, wéi mir dat héieren hunn.

Dat misst ee mat der Nominatioun vun enger Vizepresidentin hei am Plenum vläicht kënnen e bësse riicht bëien an ech soen lech dofir merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Robert Garcia.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat hei ass de siwenten Débat aus Ulass zum internationale Fraendag, deem d'Politik vun der Promotion féminine vun der Regierung begleede soll an dëser Politik nei Ustéiss gi soll.

Et ass ee laange Wee zënter dem éischten Débat d'actualité den 20. Januar 1994, deem anscheinend deem éischte Fraendébat iwwerhaupt an der Chamber war.

Am Laf vun de Joren huet allerdings d'Begeeschterung ofgehall. Et ass mer besonnesch dëst Joer opgefall, wou d'Kolleegein Wagener mer d'Éier an de Pleséier gelooss huet, de Volet Fraen an der Educatioun an an der Formation ze behandelen. D'Mme Wagener ass zwar nach ëmmer begeeschtert, mä hir Kolleegen a Kolleeginnen an der Égalitéskommissioun hu mat enger Ausnahm, nämlech der Presidentin-Rapportrice, hir éischter e latzege Androck hannerlooss.

Bei der Regierung ass et jo och e bëssen ähnlech. D'Mme Jacobs hält hei einsam d'Stellung, obwuel déi Thematik sécher nach aner Ministeschen a Ministeren ugeet.

Op den éischte Bléck menge vill Leit, och vill Kolleeginnen a Kolleegen heibannen, dat Thema vun haut wär e Schäintheema. Effektiv misst een dovun ausgoen, dass an engem öffentleche Schoulsystem et eng Egalitéit vun de Chancen a vum Traitement, zumindest am Bezug op d'Geschlechter, gëtt, dat ëmsou méi, wéi d'Majoritéit vun den Enseignanten, wann och net vun de Responsables d'école, Frae sinn.

D'schoulesch Resultater beleeeën, dass an allen Ordres d'enseignement d'Meedercher an déi jonk Frae gläichwäerteg, wann net esouguer besser Resultater an der Schoul opweises hu wéi d'Jongen oder déi jonk Männer.

Déiselwecht Konklusione mécht och déi faméis PISA-Etüd, och wann hei Diskrepanze festgestallt ginn, je nodeems ob Mathematik, Sciencen oder Sprooch getest ginn.

Och wat den Accès zu weiderféierende Studien betrëfft, kann een op deem Stadium kaum vun Diskriminatioun vu jonke Frae par rapport zu hire männleche Kolleegen schwätzen.

Et misst deemno esou sinn, dass et herno an der Berufswelt och eng Paritéit gëtt, eng Partitéit, wou sech déi zwee Geschlechter in trauter Harmonie, déi attraktiv an déi manner attraktiv, déi lukrativ an déi manner lukrativ Posten deelen. An net nëmmen dat, si géinge sech genau esou harmonesch déi agréabel an désagréabel Facettë vun der Berufsaarbecht, vun der Hausaarbecht a vun der Erzéiungsaarbecht deelen.

An der Praxis ass et natierlech net esou. Dat beleeeën net nëmmen handfest Statistiken a manner handfest Ëmfroen, mä jiddferee mécht déiselwecht Beobachtungen am Alldag.

Wat den Alter vun den Acteuren an Actricen an der Berufswelt méi op déi 30, 40 Joer zougeet, wat d'Loft fir d'Frae méi dënn gëtt. Anscheinend sinn d'Männer nach net psychesch a geeschteg fit genuch, fir an engem héije Mooss vun de wuessenden Ugebueter ze profitéieren, fir hir stresseg Berufswelt fir eng Zäit géint een emotional Gewënn bréngende Congé parental oder en Temps partiel fir Kannererzéiung auszetauschen.

D'Enquête vum CEPS beleet ausserdeem, dass déi meescht Männer manner Schwiereregkeeten hunn, fir emol eng Iwwerstonn ze maachen oder en Dossier mat heem ze huelen, wéi fir esou en technesch komplext Gerät wéi e Staubsauger an de Grapp ze huelen oder sech an d'Aventure vun der Eruewerung vu verschidde Kurventechnike vun engem Streckreise mat oder ouni Spoiler ze woen.

An dann, wann d'Kanner aus dem Haus sinn, mierke vill Fraen, dass deem een oder aneren Zuch fort ass, dass déi komfortabelst Cheffautelle vun enger Krawattekreatur besat sinn, déi sech do definitiv ageriicht huet an net onbedéngt wëllt weinst enger dräifach belaafter Carrièresfra wäichen.

Dat betrëfft elo net nëmmen déi typesch Männerdomäner, wéi Technik a Wirtschaft, wou d'Frae vu vireran ënnerrepräsentéiert sinn. Mä souguer an deene Berufsfelder, wou d'Fraen um ënneschten Niveau iwwerrepräsentéiert sinn, kënn et am Laf vun de Joren zu engem als natierlech ëmfonttene biologesche Selektiounsprozess.

Sécherlech gëtt et ëmmer méi Fraen, déi sech op déi iewescht Etage vun der Berufswelt duerchkämpfen. Wann een allerdéngs méi genau hikuckt, gesäit een, dass déi grouss Majoritéit vun deene Fraen op déi aner méiglech Komponente vun enger stereotyper Fraebiographie, gewollt oder ongewollt, verzicht hunn. Oder awer konnte si aus engem anere Grond déi Schluechten ëm Vereinbarkeetsstrategien auslagere, sief et, well si an hirem aiséierte Milieu hir Chance mat an d'Wéi geluegt kruten, sief et, well se spéider konnten Hausaarbecht an

Erziedungsarbecht deelweis un anerer, meeschtens weiblecht Personal, ofginn.

Hutt of jiddefalls virun deene Fraen, déi déi Voraussetzungen net haten an trotzdeem Beruff a Famill wollten a konnte matenee verbannen. Et gëtt net vill Männer, déi sech déi Fro als Jonken oder als Erwuessenen iwwerhaupt jemools gestallt hunn, geschweigs aktiv un eng Léisung erugaange sinn.

Wéi ech kierzlech mat enger Delegatioun vu Redakteren a Rédactrices en chef aus der Lëtzebuerger Press an enger Audienz beim Grand-Duc a bei der Grande-Duchesse war, wor ech impressionéiert ze héieren, dass dat Éischt, wat onsem geschlechtssensible Souverain opgefall war, d'Tatsaach war, dass op de Chefetage vun der Press nëmmen zwou Frae géigeniwwer 20 Männer ze fanne waren.

An déi Remarque vum Grand-Duc, dass hei nach munches ze maache wär, misste mer eis och an aneren Domänen wuel zu Häerz huelen.

Wann een also eng Egalité des chances oder eng Egalité tout court an der Beruffswelt, awer och am Privatlieue wëllt erbäiféieren, ass et logesch, dass ee muss am Ufank usetzen:

- bei de Mentalitéiten,
- bei der Erziehung zu geschlechtsneutrale Biographievirstellungen a
- bei de Fördermoosname fir ufänglech Defiziter ze kompenséieren.

D'Schoul an d'öffentlech Erziehung kann net alles, mä wa se et géif fäerdeg bréngen, dass aus der Schoul Jongen a Meedercher erauskéimen, déi

- onofhängeg vu Beruffstereotypen eng Beruffswiel no hire Fäegkeeten an Interesse kéinten huelen, sech souwuel a kognitiven, technesch-handwierklechen, sozial-psychologeschen, hauswirtschaftlechen a mensesche Kompetenzen op vergläichbarem Niveau fit gemaach hätten,
- an hir berufflech Carrière onofhängeg vum Geschlecht vu vireran am Kontext vun hire familiären oder individuelle Biographieprojete geséichen,

dann hätt d'Schoul e wesentlechen an entscheidende Bäitrag zur Gläichstellung vun de Geschlechter geleescht.

Grad déi Stréimungen, déi sech vehement géint Quotéierungen am Beruff an an der Politik wieren, misste sech ëmsou vehement dofir asetzen, dass eng Egalité des chances à la source contraignant Mesuren en aval iwwerflësseg géing maachen.

Am Rapport vun der Kommissioun steet eng Rei vun ausdrocksstaarken Zuelen a pertinenten Analysen, och wann et u konkrete Virstellung feelt. Ech wëll mech dofir just op dräi Froe konzentréieren:

1. Geschlechtssensibel Erziehung.
2. Berufflech Förderung an Orientéierung.
3. D'Formatioun vun de Formatricen an de Formateuren.

Zu der geschlechtssensibler Erziehung:

Grondsätzlech komme Meedercher a Jongen net mat deemselwechte Bagage an d'Schoul.

D'Erwaardungen an der Famill u stereotyp Geschlechterrolle si verschidden. Stéchwuert: Mat de Poppe spillen oder mat den Autoe spillen.

D'Erwaardungen u bestëmmte Beruffsrolle sinn ënnerschiddlech: technesch oder sozial.

D'Erwaardungen u bestëmmte Verhalensrollen: Deen ee soll als Held fungéieren, deen aneren als fürsorglecht Meedchen.

Et kann een elo net soen, dass d'Schoul déi Stereotype géing bewusst verstärken. Déi allermeescht Enseignanten, och déi, déi en héije Bewosstssäinsstand hunn, géingen esou e Virwurf wäit vu sech weisen. Dofir mécht dann och d'Schoul näischt oder wéineg fir Stereotypen ofzebauen.

Ech hunn allerdéngs mat Erstaunen d'Erfahrungsberichte vun de Lëtzebuerger an auslännesche Spillschoulsleierinne gelies, déi am Nachhinein zouginn hunn, dass si selwer geduecht haten, geschlechtsneutral an der Klass ze agéieren, an déi sech eréischt duerch d'Participatioun um Projet "Gläichheet deelen" hiren onbewusste Stereotype bewusst gi sinn a se och konnte reflektéieren a veränneren.

Pauschal kann ee soen, dass vu virera bei de Bouwen instrumentell, sachbezunnen, technesch Interessen an eng méi individuell Ofgrenzung zum eegenen an zum anere Geschlecht am Virdergrond stinn. Bei de Meedercher schéngt kommunikativ Kompetenzen, sozial Interessen an en onbefaangent Ergoien un dat eegent Geschlecht méi wichteg ze sinn.

Wann een also zu enger besserer Gewichtung vun deene verschiddene sozialen, perséinlechen a beruffsorienteierende Kompetenze wëllt kommen, dann ass weder eng eesäiteg Förderung nach eng positiv oder negativ Diskriminéierung vun engem Geschlecht ugesot, mä eng gläichwäerteg offensiv Approche zu de jeweiligen Atouten an Defiziter vun den zwee Geschlechter.

Dat kann ee mat deem Wuert "geschlechtssensibel Erziehung" ëmschreiwen, eng Approche zu der Erziehung, déi der Coéducation net entgéintwierkt, an awer erlaabt, op déi jeweilig Spezifitéite vun de Meedercher an de Jongen anzugeen.

Ziler vun enger geschlechtssensibler Erziehung sinn:

- Stereotyp Iddien a Verhale bei de Kanner, awer och bei sech selwer a bei den Elteren ze erkennen, ze analyséieren

séieren a praktesch Strategien ze entwéckelen, fir déi Stereotypen ofzebauen.

- D'Aarbecht zu de Jongestereotype gläichwäerteg mat deene vun de Meedercher stellen.
- Souwuel geschlechtsspezifesch Plagen am Unterricht wéi och geschlechtssensibel Coéducation ze praktizéieren.
- Stereotypen net duerch theoretesch Reflexioun mä duerch praktescht Erkennen a Veränneren ugoen, zum Beispill duerch Rollespillen.
- Schliesslech d'Elteren an och dat anert schoulescht Ëmfeld mat an déi Efforten abannen.

De Projet "Gläichheet deelen" vum Ministère de la Promotion féminine ass genau dat doten a stellt en onbedéngt begréissenswäerten éischte Schrëtt an déi richteg Richtung duer.

D'Berichter vum Ministère de la Promotion féminine sinn net nëmmen héchst interessant, mä och ganz nuancéiert a voll vu wichtegen Erkenntnisser, Erfahrungen a Virschléi fir eng Weiderentwécklung.

Allerdéngs ass de Projet de Moment begrenzt op e puer Spillschoulen an Enseignanten, mä Konklusiounen sinn awer schonn do:

Zum gréissten Deel ass et e groussen Erfolleg. Deen ass natierlech ënnerschiddlech jee no der Léierpersoun an der Konstellatioun an der Klass. Wa méi Auslännerkanner do sinn, ass et méi schwierig. D'Léierinne selwer soen, si hätte bei deem Projet ganz vill bäigeleiert an de Projet wär ausbauwürdeg.

Wéi gesot limitéiert e sech op fräiwëlleg Stéchprouwen. Allerdéngs beleet de Succès vu parallele Veranstaltungen, déi zum Beispill am IEES an aneren Instituter organiséiert goufen, datt och bei anere Léierpersounen e groussen Interessi do ass. Wéi schonns gesot mussen d'Enseignanteën an d'Enseignanten sech mol selwer der Problematik bewosst ginn, eng Rei vu konkreten Ustéiss kréien an da selwer mat an déi geschlechtssensibel Methodik ageféiert ginn, fir datt de Projet méi eng Breedewirkung kritt.

Mir hu jo zu Lëtzebuerg de Problem, dass an deene leschten 20 Joer eng Rei vun interessante Pilotprojeten duerchgefouert goufen. Mä datt et ni oder kaum zu enger wëssenschaftlecher Evaluatioun komm ass, déi dozou gefouert huet, datt gutt Pilotprojeten och op de Rescht vun der Crew am Enseignement ausgedehnt kéinte ginn.

Mä d'Generalisatioun op de gesamte Préscolaire ass eng Saach, a fir déi triede mir, au vu vun där éischter Evaluatioun, mat Nodrock an. D'Ausweidung op déi aner Ordres d'enseignement ass eng aner. Et mécht a priori weenig Sënn, eng flott Experienz vu geschlechtssensibler Educatioun am Préscolaire duerchzeféieren an dann am Primaire a Postprimaire Funkstille ze maachen.

Am Primaire kënnen sech déi zitéiert Stereotypen erëm bilden a verstärken. Eleng schonns de Problem vun der Gewalt an der Schoul, déi jo meeschtens vun de Jongen ausgeet, weist drop hin, datt et do Problemer am Rolleverständnis gëtt. De Buchtitel "Kleine Helden in Not" ass jo fir dee Malaise charakteristeschech.

Awer och am Postprimaire bleift geschlechtssensibel Educatioun aktuell. Net nëmmen, well zum Beispill a mathemateschen a wëssenschaftleche Fächer eenzel antiquéiert Enseignanten d'Meedercher nach ëmmer als grondsätzlech als technick- a wëssenschaftsonbegabt duerstellen. Mä och an der Pubertéit bilde sech bei de Jongen a Meedercher stéréotype Iddien a Verhalensweisen eraus, déi zumindest mussen thematiséiert ginn, wann net verännert. Datselwecht gëllt fir d'Beruffsorientéierung vun de Jongen a Meedercher, déi jo grad am Cycle inférieur vum Postprimaire méi konkret Formen unhëlt.

Aus deem Grond wëll ech hei eng Motioun déposéieren, déi genau deenen doten Erkenntnisser Rechnung dréit an déi net nëmmen eng Generalisatioun vum Pilotprojet op de ganze Préscolaire, mä och eng Ausweidung op déi aner Ordres d'enseignement virgesäit.

Motion 4

La Chambre des Députés

considérant

- le projet "Gläichheet deelen" du Ministère de la Promotion féminine entrepris depuis quelques années dans des classes de l'enseignement;

- que cette méthode de pédagogie du genre contribue à éliminer des stéréotypes, à faire évoluer les relations de respect mutuel entre filles et garçons et à renforcer la personnalité des deux genres;

- que le succès du projet-pilote et l'intérêt des enseignantes et enseignants invitent à une généralisation dans l'enseignement préscolaire;

- que les efforts ainsi entamés au niveau de l'enseignement préscolaire devraient être étendus aux ordres d'enseignement ultérieurs du primaire et du postprimaire;

invite le Gouvernement

- à généraliser la pédagogie du genre sur le modèle du projet "Gläichheet deelen" dans l'enseignement préscolaire sur base d'une formation continue des institutrices et instituteurs;

- à élaborer une stratégie pour étendre la pratique de la pédagogie du genre aux ordres d'enseignement du primaire et du postprimaire.

(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

Nach eng Kéier rappeléieren ech, dass am Kontext vun der geschlechtssensibler Educatioun der Aarbecht mat de Jongen eng gläichwäerteg Bedeitung zoukënnst wéi där

mat de Meedercher. Fir d'éischt awer zu de Meedercher, well déi jo a priori manner Gläichheet ze deelen hu wéi d'Jongen.

Grad déi jonk Meedercher brauchen Identifikationsfiguren a Virbiller, wa si selwer solle kreativ an aktiv ginn. Et ass wichteg ze wëssen, dass et och Komponistinnen, Molerinnen, Wëssenschaftlerinnen, Politikerinne gëtt an ze erkennen, dass déi Weeër also net verspæert oder nëmmen de Männer virbehale sinn.

Am Beräich vun de weibliche Virbiller besteet an der Schoul nach en immensen Defizit. D'Aféierung vun der Coéducation huet de Meedercher erlaabt, déiselwecht Studien ze maache wéi d'Jongen. Dat war e Risefortschritt. En Nodeel huet doranner bestanen, dass d'Unterrechtspläng an d'Unterrechtsziler fir d'Jongen einfach op d'Meedercher iwwerdroe goufen. Dat bedeit, dass weiblech Beiträg zu Geschicht a Kultur ausgeklammert gi sinn; fraespezifesch Inhalter gëllen och haut nach als eesiteg, wat ëmgekeiert net de Fall ass. Sprouchelech ginn d'Meedercher net erwähnt, sinn awer ëmmer matgemengt. Wann een déi verschidden Ausbildungsgäng matenee vergläicht, fällt op, dass d'Meedercher, do wou et ëm Technik an Naturwëssenschafte geet, kaum vertruede sinn, genausou weenig wéi d'Jongen am soziale Beräich ze fanne sinn. Ouni d'Coéducation prinzipiell wëllen a Fro ze stellen ass et awer trotzdeem noutwendeg, déi bestehend Defiziter, déi ech erwähnt hunn, ze behiewen.

Et ass net onméiglech, déi historiesch gewuesse Geschlechterrollen ze veränneren, mä gewësse Viraussetzungen müssen erfüllt sinn: eng spezifesch Ausbildung vum Léierpersonal, adequat Unterrechtmaterial an - lo wonert et lech vläicht - méi eng staark Presenz vun de Männer am Préscolaire an am Primaire.

Den Trend vun enger Féminiséierung vum Enseignement ass ongebrach, wat net onbedéngt gönschteg ass, net fir d'Meedercher an nach vill manner fir d'Jongen. Et ginn esou vill Jongen, déi eleng mat hirer Mamm liewen, déi hire Papp vermëssen a sech am Stach gelooss fillen. Grad si sinn awer oft nach an den traditionelle Männleckeetsklischeë befaangen, si iwwerspillen hire Misär a flüchte sech an d'Aggressivitéit. Grad si brauche Männer, déi bereet sinn, sech gefillsméisseg opzemaachen an hinnen en anert Bild vu Männleckeet ze vermëttelen, e Bild, dat net dra besteet, dat anert Geschlecht ze ënnerdrécken. Ech denken et wier wichteg, dës Diskussioun zu Lëtzebuerg och eemol ze verdéiwen.

Och d'Schoulbicher spillen eng Roll, an do mussen och nach eng ganz Rei vun Initiativen ënnerstëtzt ginn.

D'Familljenëmfeld... Pardon, ech muss e bëssche kierzen hei, well ech gesinn, dass d'Zäit mer fortrennt. Et ass schued, dass ee fir déi Debatten ëmmer manner Zäit huet.

(Interruptions)

Ech kommen zu deem iergerleche Phänomen vun der physischer Gewalt, deem e Kollateralschued vun enger Feelentwécklung an der Identitéitsbildung vun de Geschlechter ass. Gewalt ass letztendlech en Effekt vun engem veronsécherter Rolleverständnis, an de meeschte Fäll vun de Jongen.

Bei ville vun hinne gëtt Konfliktbewältigung manner duerch Argumentatioun an Deseskalatioun wéi duerch gewalttätig Reaktiounen ugaang.

Virbiller fir déi Strategie ginn et net nëmmen oft doheem. Och Gewalt reproduzéierend Medië wéi Fernseh a Video vehikuléieren déi Virbiller jo all Dag, an zwar a geballter Intensitéit.

D'Leitbiller fir vill Jonge sinn ëmmer nach Helden a Ritter, déi duerch en eenzege Befreiungsschlag sech vu méi peniblen Ausernsetzunge mat Konflikter lasszueren.

Am Kontext vun der Gewalt kënnt also dem Volet "Jongenaarbecht", agebett an d'Konzept vun der geschlechtssensibler Erziëung, gréisst Bedeitung zou. Wann een nämlech méi Jongen dozou kritt, bei sech déi sozial a perséinlech Kompetenzen opzebauen, déi déi meescht Meedercher souwiso hunn, da kann een hinnen e Schlupflach aus dem Däiwelskrees vun Ohnmacht a Gewalt opmaachen.

Gewalt géint Meedercher, awer och géint dat eegent Geschlecht, ka sech nëmmen duerch d'Bekämpfung vun de profunden Ursaachen andämme loossen, an net duerch Repressioun vun äussere Phänomenen.

Wéi gesot, de Projet "Gläichheet deelen" ass e wichtige Bäitrag zu deenen zitierten Défien. Allerdéngs wëll ech drop hiweisen, datt eng Generalisatioun an eng Extenssioun vun dem Projet "Gläichheet deelen" zwar déi richteg Äntwerten op den Défi vun der Chancëgläichheet um Niveau vun der Schoul sinn. Doniewent mussen awer och op gesellschaftlech Niveau d'Kaderbedingunge fir esou eng Politik stëmmen. Zwar ginn et do eng Rei vu positive Mesuren, Informatiouns- a Motivatiounsmesuren, mä d'Essenz vum Problem ass ganz lapidar a banal d'Akzeptanz vum folgende Prinzip: Gläich Chancen a Flichte fir Fra a Mann am Beruff, am Haushalt an an der Kannererziëung!

Ob dee Prinzip am selwechte Mooss an der Gesellschaft verbreet an akzeptéiert ass wéi eng reng konstitutionell oder sozial Approche woen ech ze bezweifelen. A grad well d'Politik net kann an net soll an déi privat Sphère vun de Leit agräifen, soll a muss d'Politik awer just Viraussetzungen fir de libre choix fir déi eng oder aner Optioun schafen. Jiddereen a jiddereent mécht dann aus deene Viraussetzungen wat hatt oder hie wëllt.

Niewent deene materiellen an infrastrukturelle Rummebedingungen - Stéchwuert sozial Ofsécherung, Individualbesteuerung a Betreuungsstrukturen - ass et awer och déi

verdammte Pflicht von der Politik, Opklärungsarbeit iwwert d'Deelung von der Gleichheit ze maachen. An dat net an engem negativen, contraignante Sënn, mä andeems si déi positiv Säite vun enger besserer Opdeelung von de genannten Liewensaufgaben tëscht Mann a Fra an d'Fenster stellt.

Wann déi Informatiounsarbeit gemaach ass an déi zitéiert Kaderkonditiounen geschafe sinn, da kann all Individuum oder all Koppel en *connaissance de cause* seng Orientéierung von engem autonomen oder von engem gemeinsame Liewensentwurf entscheiden an duerchféieren.

Et gëtt op där Fro jo och e Konsens hei an der Chamber. Ech verweisen op eng Motioun von ons, déi hei am Plenum den 10. Juni 1997 à l'unanimité a mat Fuendele vu Männlein und Weiblein ugehall ginn ass, ech zitéieren: "La Chambre des Députés ... invite le Gouvernement à élaborer une vaste stratégie d'information et de sensibilisation pluriannuelle visant à présenter les atouts d'un partage équitable de la vie professionnelle, des tâches inhérentes au foyer et l'accompagnement éducatif entre femmes et hommes."

Déi Begeeschterung fir déi Motioun war vläicht deemools ze erklären, dass munch Honorablen dovunner gedreemt huet, dass hire Fiston sech op eemol fir d'Dëschedden oder Spullmaschinnefellen interesséiere géif, oder dass seng Duechter géing seng Computercrashe behiewen oder d'Auswiesele von de Bougien am Auto virhuelen.

Wou allerdéngs déi "vaste stratégie d'information et de sensibilisation pluriannuelle" ze fannen ass, weess ech net, jiddefalls net an den Äntwerten, déi d'Regierung beim Emgruwe vum Motioun-Kierfecht der Kommissioun ginn huet.

Wéi och ëmmer, mir mengen, datt déi Projeten am Kader vu "Gleichheit deelen" onbedéngt missten duerch eng kontinuierlech a performant Informatiounsarbeit an der breeder Öffentlechkeet encadréiert ginn. Dofir bidden ech d'Ministerin Jacobs, awer och déi aner Ministeren, net nëmmen op Berliner Konferenzen den "Oberfeminist", wéi et an enger däitscher Zeitung geheescht huet, ze spillen, mä och hei am Musterlände selwer eng aktiv Roll ze spillen.

Et geet sécher net duer, heiansdo e Fernsehspot mat engem Mann ze weisen, dee begeeschtert Wënde wiesselt oder extatesch seng Hiemer streckt. Et muss mat méi Nodrock a mat méi Gedold mat den néidege Widderhuelungen an den Nürnberger Trichter an engem positive Geescht opgewise ginn:

1. wat een als Mann verpasst, wann een nëmmen op eng vun deenen dräi Komponente fixéiert ass;
2. wéi eng Fräiheitsgraden ee kann als Fra genéissen, wann ee sech net fir all Bobo, fir all Datz a fir alle vollen Drecksemer mengt verantwortlech missen ze fillen.

Wann ech nach e bësschen Zäit bäikréien, géif ech nach zu...

M. le Président. - Jo, et ass an der Rei. Ech mengen, mat der Zäit si mer net ze vill hannendran an et ass wichteg wat hei gesot gëtt. Dofir solle mer net esou klenglech sinn.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG). - Merci, Här "geschlechts-sensible" President.

(Hilarité)

Ech kommen dann zum zweete Volet vu menger Interventioun, nämlech d'berufflech Förderung an Orientéierung.

De Volet von der berufflecher Förderung an Orientéierung ass natierlech mat der geschlechtsspezifischer Orientatioun enk verbonnen. Wann déi flächendeckend an effizient géing funktionéieren, bräichte mer hei net dríwwer ze diskutéieren. Da wär den Accès équitable zu alle Filière souwisou selbstverständlech.

Et geet och elo net onbedéngt dorëms, fir par force 50% Baggerführerinnen oder 50% Spillschoulshärecher ze décrééieren. Et geet just ëm ausgewoe Viraussetzung fir de libre choix, net méi an net manner.

Et ass kloer, dass duerch verschidde politesch Optiounen d'Viraussetzung fir de libre choix méi gënschteg oder méi ongënschteg kënnen gemaach ginn.

Quotéierung ass jo bei ville Parteien a Politiker onbeléift, net nëmme bei deenen, déi dorënner ze leiden hätten, well se géingen ewech fléien an deem Fall. Mä souwisou si Quoten ëmmer dat leschte Mëttel, wann et soss net méi geet. Kurioserweis ass d'Endzil vun all Quotéierung fir se um Enn duerch en automatesche Prozess iwwerflësseg ze maachen.

Déi, déi sech géint d'Quoten zur Förderung vu Fraen a bestëmmte Beruffer oder Ämter vehement wieren, mussen sech allerdéngs de Virwurf gefale loossen, datt si awer keng Hemmung haten, eng Quotéierung zugonschte von de Männer anzeféieren.

Ech schwätze von der Quotéierung um Institut, um ISERP, wou iwwer Joren ewech eng Quotéierung zugonschte vu männlechen Abituriente bedriwwen gouf. Déi haten nämlech duerchwegs manner Punkte wéi d'Meedercher, also ass et emol keng Quotéierung à qualification égale. An déi mat de gudde Punkten, déi wollten net am genügende Mooss op den Institut. Also gouf duerch déi kurios Quotéierung bis an déi hënnechte Reie von de Jonge rekrutéiert, awer vill Abiturientinne mat gudde Punkten konnten net op den Institut goen, obwuel se dee Beruff interesséiert hätt.

Ech muss lech allerdéngs soen: Ech sinn och nach mat deem Zil von der Quotéierung averstan, nämlech d'Erhéijung vum Undeel von de Schoulmeeschteren am Primaire an am Préscolaire. Mä eng Quotéierung geet jo

normalerweis vun enger Bevurzugung bei gläicher Qualifikatioun aus. Déi ass awer net ginn, wann d'Jongemanner gutt Resultater am Premièrexamen hunn, déi fir d'Admissioun um ISERP ausschlaggebend sinn.

Eng Quotéierung opgrond vum Premièresofschloss ass also net grad dat gëeegent Mëttel, wann ee wëllt gerecht bleiwen. Wann een also géint oder skeptesch vis-à-vis vu Quotéierung ass, da bleift nëmme de Wee iwwert eng geschlechtssensibel Erziéung.

Mir mussen ons zum Zil setzen, iwwert e laangfristegen a kohärente Programm den Undeel u Männer an éducativen, sozialen a gesondheetleche Beruffer ze erhéien.

Dat géllt ëmgekiert och fir déi Beruffer, déi ze vill staark vu Männer besat sinn, besonnesch am Beräich Technik, Wirtschaft, Wëssenschaft an den neien Technologië vun der Informatioun.

Och wann een an deene béiden extreme Beräicher net elo par force muss fifty-fifty ustriewen, sou ass awer a béide Richtungen eng Opweechung vun de Gender-Monopole wëschenswäert an och ouni Zweifel realisabel.

E wichtegen Aspekt vun der Berufsorientéierung ass eng bewusst Coéducation. Heibanne wëll sécherlech kee Mënsch um Prinzip vun der Coéducation vu Jongen a Meedercher réckelen. Allerdéngs beleen eng Hellewull vu wëssenschaftleche Studien, dass sech besonnesch an technesch-wëssenschaftleche Fächer d'Meedercher méi interesséieren an orientéieren, wa se separat enseignéiert ginn, sief et a separate Schoulen oder a separate Coursen. Datselwecht hunn ech kierzlech am Kontext vu Jongeschoule gelies.

Déi öffentlech coéducativ Schoul kann also doraus zwou Léieren zéien:

1. D'Coéducation soll méi geschlechtssensibel ginn a sech bewusst op déi verschidde Viraussetzungen a Stereotypen astellen.
2. Niewent der Coéducation als Normalfall sollen awer a sënnavoller Dosis och Plagë vu separatem Unterrecht ugebuede ginn, an deenen d'Meedercher, awer och d'Jongen, separat no Methoden instruéiert ginn, déi hiren ënnerschiddleche Viraussetzungen ugepasst sinn an déi hëllefen, initial Differenzen auszebigelen.

E weidere Piller vun enger besserer Opfächerung vun de beruflechen Orientéierungen ass sécherlech eng Berufsberodung, déi méi fréi a méi kontinuierlech ugesat ass. Frankräich huet mat senger sou genannter "Education aux choix" ab zwielef Joer gutt Erfahrungsge-maach. Pilotprojete lafe jo och hei zu Lëtzebuerg. Mir mengen, datt eng Generalisatioun vun der Education aux choix, mat der noutwendeger Begleedung iwwer Jorene wech, kann dozou bäidroen, net nëmme beruflech Choixen vun de Meedercher ze nuancéieren, mä am Allgemengen déi Interessen a Begabungen vun alle Schülerinnen a Schüler besser ze identifizéieren.

Niewelaanscht bemierkt spillt de Schoulsystem doranner och eng gewësse Roll. A skandinavische Länner, déi d'Geschlechterdifferenz jo am wäitsten ausgebigelt hunn, gëtt et jo en Tronc commun bis 15 Joer. Déi Länner si jo och net zoufälleg am PISA-Test méi erfollegräich wéi mir.

En Tronc commun ass natierlech elo net eng Condition suffisante a souguer net eng Condition nécessaire fir eng geschlechtssensibel Erziéung, mä et kann awer eng Education aux choix facilitéieren, well de Spektrum vu Begabungen an Interessen, an deementsprechend och vun den Ugebueder, méi breet gefächert ass.

Ech kéint mer iwwrigens och bei eis hei vun Troisième bis Première am Cycle supérieur virstellen, deen, wéi zum Beispill bei engem weidere PISA-Champion, nämlech Kanada, op Modulen opgebaut ass, déi op Berufsfelder virbereeden a Kompetenzen stäerken, déi dann an der Orientéierungsstuf erkannt si ginn.

Ier dann déi méi laangfristeg ugeluechte Strategie vun der geschlechtssensibler Erziéung gräift, si Mesurë wéi Education aux choix, bewusst Coéducation a gezilte Förderung vu spezifischen Interessen a Begabungen vu Meedercher a Jongen an onsen Aen dat gëeegent Mëttel, fir kuerzfristeg déi traditionell Rollen a Berufserwaadungen opzebriechen.

Eng lescht Mesurë, déi rapid ze realiséieren wär, ass eng breet gefächert Sensibiliséierung, Initialbildung a Weiterbildung vun den Enseignanteën an Enseignanten an aneren Acteuren an Actricen um Terrain vun der Schoul an der Erziéung, an domat kommen ech zum allerleschte Punkt.

Mir hunn elo héieren, dass sech déi motivéiert Enseignanten an Enseignanteën duerch déi Experienz "Gläicheit deelen" - et waren zwar nëmme Enseignanteën - sech verschidde Stereotype bewusst si ginn, déi si selwer bei sech net vermut haten.

Wéi muss et dann eréischt si bei deenen, déi sech a priori net motivéiert gespiert hunn, Stereotypen ze hannerfroen, déi se wäit vu sech géinge weisen?

Dobäi kënnt awer just dem Bewosstsäin, der Informatioun an der Motivatioun vun den Actricen an Acteuren an der Schoul déi gréisste Bedeitung zou, wann ee wëllt den Usaz vu "Gläicheit deelen" seriö a glafwierdeg weiderféieren.

Dofir menge mir, datt ee muss déi scho ganz élaboréiert Didaktik vun der Pédagogie du genre oder der geschlechtssensibler Erziéung als festen an obligatoreschen Bestanddeel vun der Ausbildung vun den Enseignanten aus allen Ordres d'enseignement maachen.

Dat betrëfft fir d'éischt d'Initialausbildung um ISERP, awer och um IEES an am Stage pédagogique. Do maachen ech en Appel souwuel un déi verantwortlech vun deene postsecondairen Instituter wéi och un déi responsabel Ministesch, d'Mme Hennicot-Schoepges, fir d'Pédagogie

du genre als e festen an obligatoresche Bestanddeel vum Curriculum an der Formation initiale ze etabléieren.

Datselwecht gëlt an nach méi urgentem Mooss fir d'Weiderbildung op allen Niveauen. Déi ass jo nach net obligatoresch, soll awer opgrond vun enger Motioun, déi mir hei gestëmmt hunn, mëttelfristeg obligatoresch ginn.

Abee, an deem Fall muss d'Pédagogie du genre op alle Fall als obligatoresche Volet an de Curriculum vum der Formation continue agebaut ginn. Ech sinn och iwwerzeegt, dass no initialer Skepsis dat wäert eng Weiderbildung sinn, déi fir all Enseignanten an all Enseignanteë wäert Gewënn bréngend sinn.

Ech bréngen an deem Sënn dann eng zweet Motioun eran.

Motion 3

La Chambre des Députés

considérant

- *que les femmes sont encore sous-représentées dans de nombreux domaines, notamment dans la prise de décision;*

- *que le développement de modèles équilibrés de culture intégrant féminité et masculinité est indispensable à l'évolution de notre société;*

- *que le comportement des femmes et des hommes est souvent marqué par des stéréotypes;*

- *que les enfants reproduisent les schémas observés dans la société adulte;*

- *que la pédagogie du genre apprend à accepter des mutations dans les rôles des femmes et des hommes et à respecter les différences;*

- *que la formation des formateurs et formatrices joue un rôle primordial pour arriver à un changement de mentalités;*

invite le Gouvernement

- *à intégrer la pédagogie du genre dans le curriculum de formation des institutrices et instituteurs à l'ISERP;*

- *à intégrer la pédagogie du genre dans le stage pédagogique des enseignants et enseignantes de l'enseignement secondaire;*

- *à intégrer la pédagogie du genre dans la formation continue des enseignants et enseignantes de l'école préscolaire, primaire et postprimaire.*

(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagoner.

Zum Schluss feelt mer elo an där siwenter Debatt hei e feierlecht Schlusswuert. Ze vill schéi Riede si gehal ginn an erëm vergiess ginn, ze vill Motiounen leien nach am Keller a waarden drop ausgegruewen ze ginn. Mir wä

schonns frou, wann déi grondsätzlech Iwwerleeungen zu enger geschlechtssensibler Education vum Ufank u vun der schoulescher Carrière géinge seriö geholl ginn. Well se jo mëttelfristeg eng Rei vu contraignante Mesuren iwwerflësseg maachen.

A fräiwëlleg an ongezwongen zu sengem oder hirem Gléck ze kommen, dat ass jo dat, wou d'Politik am Déngscht vu Fraen a Männer sollt drop hischaffen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Mme Marie-Josée Meyers-Frank agedroen. D'Mme Meyers huet d'Wuert.

Mme Marie-Josée Meyers-Frank (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech wëll der Rapportrice, der Mme Ferny Nicklaus-Faber, merci soe fir déi Aarbecht, déi si am Kader vun dëser Debatt gemaach huet an och fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Gläichheet tëscht Fraen a Männer soll keen Thema sinn, huet och d'honorabel Deputéiert Maggy Nagel elo éinschter gemengt. Mä datt et en Thema ass, wësse mer, wann ee sech op d'Fakten an d'Chiffere baséiert, an datt mer sécherlech nach esou bal net dës Aktualitéit wäerte verléieren.

Well d'Fraen iwwert d'Halschecht vun eiser Bevölkerung duerstellen, well hir Ennerrepresentatioun a villen Domänen an op villen Niveauen ee Verloscht fir eis Gesellschaft duerstellt, deem net ka vun der Diversitéit vun all senge Bierger profitéieren, well dës marginal Positioun vun de Fraen inacceptabel ass, bleiwen d'Gläichberechtigung an d'Gläichstelle vu Fraen a Männer eng Erausforderung fir eis Gesellschaft, ouni déi een net ka vun Demokratie schwätzen.

Säit den Traité vun Amsterdam vun 1997 a Kraaft getrueden ass, gëllt Gläichheet tëscht Fraen a Männer als eng prioritär Aufgab vun der Europäescher Unioun. Et gëtt versicht, Diskrepanzen tëscht de Geschlechter ze eliminéieren an d'Gläichheet vu Fra a Mann ze promouvéieren. Dës Approche geet méi wäit wéi d'Mesures positives zum Beispill, déi geholl ginn, fir déi bestoend ongerecht Situatiounen ze verbessern. Si stellt eng weider Etapp an der Bekämpfung vun der Ongerechtigkeit an der Schafung vun enger méi gerechter Gesellschaft duer.

Dës Strategie geet awer eleng net duer. Si muss dofir duerch spezifesch Moosnamen zugonschte vun de Fraen ergänzt ginn. Dës Moosnamen kënnen am Kader vum Zougank an d'Beruffswelt, déi berufflech Orientéierung oder Ausbildung, och um Niveau vun den Aarbechtskonditiounen, a professionell Promotiounsméiglechkeeten duerchgefouert ginn.

Ee ganz gudden Moya, fir d'Chancëgläichheet tëscht Fraen a Männer, besonnesch an der Aarbechtswelt, ze promouvéieren, sinn d'Mesures positives. D'PAN-Gesetz

vum 12. Februar 1999 stellt e legale Kader fir dës Moossnam am private Beräich duer an erlaabt et dem Ministère de la Promotion féminine, d'Entrepreneure finanziell ze ënnerstëtzen, déi an d'Promotioun vun der Gläichheet innerhalb vun hire Betriber wëllen investéieren.

Dës Moossname suivéieren eng integréiert Approche vun der Gläichheet um Niveau vun den Entreprises op alle Pläng, wéi zum Beispill um Niveau vum Rekrutement oder der Conciliatioun tëschent Famill an Aarbecht. Si si berechtigt, well all Fraen op dem Aarbechtsmaart ënnerrepresentéiert an hir Carrièresperspektiv bei wäitem net esou gutt si wéi bei de männleche Kollegen.

Et ass wichteg, de Fraen a Männer deeselwechte professionellen Opportunismus unzebidden. Et geet aus dem Rapport ervir, datt am Joer 2000 néng Entreprises hei am Land sech un d'Gläichheet tëschent Fraen a Männer investéiert hunn, iwwert de Wee vun de Mesures positives. De Rapport huet als Beispill d'Firma Goodyear zitéiert, déi trotz enger niddreger weiblecher Presenz sech fir d'Chancëgläichheet agesat huet an ënner anerem de Fraen d'Méiglechkeet ginn huet, spezifesch Formatiounen matzemaachen. Doriwwer eraus stellt d'Firma Carrièresprojeten op, déi d'Besoinen vun de Fraen an de Männer respektéieren.

Och d'Firma Cargolux huet iwwert d'Aarbechtskonditiounen am Beräich enquêtéiert. Dës Gesellschaft huet sech op Basis vun de Resultater vun dëser Etüd engagéiert eng Rei vu Moossnamen ze huelen, fir d'Fraen besser an op alle Niveaue am Betrib ze integréieren.

Et geet och aus der Publicatioun vum Ministère de la Promotion féminine, "L'emploi des femmes au Luxembourg", ervir, datt d'Banque de Luxembourg sech och fir d'Chancëgläichheet via Mesures positives asetzt. Dës Bank huet eng Rekrutierungscampagne gestart, déi besonnesch déi Fraen ugeschwat huet, déi während e puer Joer doheem bliwwen sinn, fir sech doheem ëm hir Famill, respektiv d'Erzéiung vun hire Kanner ze këmmen. Dës Fraen krute vun der Bank aus eng speziell Formatioun ugebueden. Eng Initiativ, déi ze begrëssen ass.

Leider muss een awer am Laf vum zweete Semester 2001 feststellen, datt verschidden Entreprises d'Mesures positives zäitweilleg op Äis geluegt hunn, nodeems déi wirtschaftlech Lag, virun allem nom 11. September 2001, sech verschlechtert huet.

Dëst beweist, datt, wa sech d'Aarbechtswelt fir d'Chancëgläichheet interesséiert, zum Deel och asetzt, d'Gläichheet tëschent Mann a Fra nach ëmmer keng Prioritéit ass.

En anere ganz wichtege Moya, fir d'Chancëgläichheet ze promouvieren an d'Ongerechtegkeeten ze eliminéieren, sinn d'Sensibilisierungscampagnen, déi haut de Mëtte schonn des Öfteren ugeschwat gi sinn.

De Ministère de la Promotion féminine schafft enk mat deene verschiddenen anere Ministèrenen zesummen, mat

de Berufschamberen, der Adem an anere wichtegen Acteuren an dësem Beräich. D'Table-rondë ginn organiséiert, wéi och d'Konferenzen, d'Séminairen a Workshops.

Am November 2001 ass ënnert dem Patronat vum Ministère de la Promotion féminine, am Kader vum Projet "Gläichheet deelen", ee Séminaire gehale gi mam Thema "Erziehung und Bildung in einer geänderten Welt: Verknüpfung von Theorie und Praxis zum Thema Persönlichkeitsentwicklung".

Ufanks Februar dëst Joer ass am Kader vun der europäescher Gläichheitsstrategie eng Konferenz organiséiert ginn, "L'égalité entre les femmes et les hommes: mythe et réalité". Och op dem internationalen Niveau kann een den éischten internationale Forum vu Berlin, dee sech mat der Integratioun vun de Fraen an der Aarbechtswelt beschäftegt huet, zitieren, a wou eist Land, representéiert vun eisem Premier a - wéi meng Fraktiounskollegin d'Mme Nicklaus elo grad scho gesot huet - pesidéiert huet.

Eng Rei vun Informatiounscampagnen hunn als Zil, d'Interesse vu Meedercher respektiv Frae fir déi nei technologesch Kommunikatiounsmëttelen ze wecken. Si sollen déi vertikal professionell Ongerechtegkeeten, déi um Niveau vun de Carrièren zum Virschäin kommen, besäitegen an derzou bäidroen, datt sech méi Meedercher a Frae fir typesch Männerberuffer interesséieren.

(Coups de cloche de la Présidence)

D'Sensibilisierungscampagne géint d'Violence domestique vum leschte Joer ass och eng Partie integrante vun dëser Gläichheitsstrategie. Kee vun de Partner soll deen anere mësshandelen, weder physisch nach verbal. Déi häuslech Gewalt ass eng Verletzung vun de fundamentale Rechter vum Mënsch.

Gläichheet tëschent Fraen a Männer erfuerdert eng laangfristeg Sensibilisierungscampagne, déi sech och op déi nei Kommunikatiounsmëttelen, wéi zum Beispill Internet, baséiere soll. An dësem Kader ass et Tatsaach, datt de Site vum Ministère de la Promotion seit Oktober 2000 asazfäeg ass, an dat ass ze begrëssen.

De Ministère de l'Education nationale organiséiert seit e puer Joer, mat der Hëllef vu verschiddene Fraenassociatiounen an -organisatiounen, wéi zum Beispill Femmes en détresse oder Initiativ erëm schaffen, speziell Formatiounen fir Fraen, besonnesch déi, déi op der Sich no enger neier Aarbechtsplaz sinn. Dës Moossnamen hunn als Zil, de Fraen op der Sich no enger neier Aarbecht zur Säit ze stoen an déi Fraen, déi a Scheedung sinn an erëm musse schaffen goen, ze ënnerstëtzen.

Ech profitéiere vun dëser Geleeënheet, fir Organisatiounen ze félicitéieren, déi sech vill fir d'Fraen asetzen an Démarchë maachen. Mir wëlle si weiderhin ënnerstëtzen.

D'Kommissioun ass der Meenung, datt d'Regierung sech misst nach méi am Kader vun der professioneller Aus-

bildung vun de Fraen asetzen an hinnen e gréissere Choix u Formatiounen ubidden, an zwar ausserhalb vun deenen traditionelle weibleche Beruffer. Wann ee wëllt, datt d'Fraen an de Genoss vun deeneselwechte professionellen Opportunitéite komme solle wéi d'Männer, ass et wichteg, hinnen eng adequat an héichwäerteg Formatioun unzibidden.

Et kënnt ee sech och virstellen, ob et net vun Interesse wier ze verlaangen, datt Formateuren a verschiddene Beräicher, wéi zum Beispill déi nei technologesch Informatiounsmëttel an der "Pédagogie du genre", sollen ausgebild ginn, fir datt si kënne besser op d'Erwaardungen an d'Bedürfnisser vun hirem Publikum agoen an hir Coursen esou gestalten.

Wann ee wëllt d'Integratioun vu Fraen op alle Niveauen erreechen, sinn ech der Meenung, datt een iwwer legislativ Moosnamen an d'Mesures positives an de Betriber eraus misst nach méi Efforte maachen, fir de Fraen ze erlaben, Famill an Aarbecht ze verbannen.

Eis Regierung huet an deene leschten zéng Joer viles op dësem Gebitt gemaach. De Congé pour raisons familiales ass ee legislatiivt Beispill, deen als Zil hat an huet, d'Conciliatioun tëschent Familljeliewen an Aarbecht ze vereinfachen. D'Kreditter fir Opfangstrukture fir Kanner während dem Dag gi säit 1990 stänneg erop. D'Regierung incitéiert d'Gemengen, hire Bierger en Enseignement précoce unzibidden, respektiv Schoukantin a Betreuungsméiglechkeeten. Et bleift awer de Fait, datt eng Disparitéit um kommunalen Niveau besteet. Ech hoffen, dass dësen Zoustand sech an Zukunft wäert verbessern.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss vu menger Interventioun. Et besteet keen Zweifel, datt de Wee, dee mir ageschloen hunn a puncto Gläichberechtigung, wichteg war, ass a bleift. Et besteet och keen Zweifel, datt et e laange Wee ass. Mir wëlle jo schliesslech, datt all Fraen an all Männer enges Daags déiselwecht Rechter a Flichten hunn, an dat net nëmme virum Gesetz.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Lescht agedroen Diskussionsriednerin ass d'Mme Nelly Stein. D'Mme Stein huet d'Wuert.

Mme Nelly Stein (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'alleréischt och der Mme Nicklaus en häerzleche Merci soe fir hiren ausféierleche schrëftleche wéi och mëndleche Rapport.

(Interruption)

D'Debatt vun dësem Joer ass wichteg, d'Debatt ass all Joer wichteg, mä dëst Joer ass se ëmsou méi wichteg, well se sech zu engem groussen Deel mat eiser Jugend, dat heescht mam Enseignement secondaire a mam Enseignement supérieur befaasst. De Rapport werft ënner anerem

d'Fro op, ob d'Education um Niveau vun der Chancëgläichheet e puer Defiziter huet. De Rapport seet och, datt d'Ursaachen iwwert déi bestoend Differenzen tëschent Mann a Fra op d'mannst zu engem Deel am Erzéiwiesen ze siche sinn, well eisen Educationssystem et de Moment net erlaabt, de Meedercher an de Jongen hiert classescht Rolleverständnis a Fro ze stellen. Ech wëll mech a menger Interventioun op zwee Deelberäicher beschränken. Zum éischten ass et de Volet vun der Répartitioun vun de Fraen a Männer am Héichschouwiesen, dëst souwuel um Niveau vun de Studente wéi och um Niveau vun de Proffen. Zum aneren ass et de Volet vun den Enseignanten an hir Approche par rapport zu der Genderproblematik am Hibleck op d'Ausbildung vun eise Schüler a vun eise Studenten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e kuerze Bléck op d'Zuelematerial, wat mer vum Ministère de l'Enseignement supérieur kritt hunn, liwwert eis schonn eng ganz Rei vun Indicateuren, déi undeiten, datt e groussen Déséquilibre an dësem Domän besteet. An d'Proportionen tëschent Fraen a Männer am Héichschouwiesen zeichnen éischter e classescht Bild op. Sou fanne mer, wat d'Studenten an d'Studentinnen ugeet, méi Fraen am socio-éducative Beräich an am Enseignement wéi an de Beräicher Technik, Wëssenschaft a Fuerschung. 79% vun de Studenten um IEES zu Léiweng, déi sech am Joer 2001-2002 als Educateur gradué ageschriwwen hunn, si Fraen. Um ISERP ass d'Situatioun net vill anescht, well och do eng gewësse Féminiséierung vum Enseignement onverkennbar ass, och 79% Studentinnen. En ëmgekéiert Bild ergëtt sech allerdéngs aus den Zuele vum IST, also vum Institut Supérieur de Technologie, wou mer nëmme 10% Studentinnen op deenen eenzelne Studiegäng virfannen, déi jo par définition méi technescher Natur sinn.

Eng Paritéit ass am Centre universitaire festzustellen, wou mer op den eenzelnen Départementer 49% Fraen hunn. Eng méi genau Analys vun den eenzelne Branchen ergëtt awer och hei méi en differenziéiert Bild. Am Département des lettres et des sciences humaines sinn 3/5 Fraen. D'Frae si par contre liicht ënnerrepräsentéiert am Droit an an der Formation pédagogique, mat jeeweils 44%.

Wat d'Enseignanten am Héichschouwiesen ugeet, sou ass d'Situatioun nach e bësse méi bedenklech, wann ee sech d'Statistike vun deenen eenzelnen Instituter ukuckt. Wann um IEES nach 54% vun den Enseignantë Frae sinn, sou läit dësen Taux um ISERP bei moere 27%. Um Centre universitaire sinn am Ganzen nëmme 34 Fraen als Enseignanteën agestellt, par rapport zu 216 Männer, wat ee geréng Fraentaux vu 14% ergëtt. Um IST ass d'Situatioun net wesentlech besser, well d'Professuren ausschliesslech vu Männer besat ginn, an do hu mer vun 68 Chargés de cours just zéng Fraen.

Am Beräich vun der Fuerschung zu Lëtzebuerg stinn eis d'Zuelen aus den eenzelne Centres de Recherche pub-

lique zur Verfügung. Am "CRP Gabriel Lippmann" sinn 32,5% vun de Chercheurë Fraen. Am "CRP Henri Tudor" läit dësen Taux bei 26%.

Par contre läit d'Fraequote am CRP-Santé bei 62%, wat erëm eng Kéier d'Affinitéit vun de Frae fir d'Carriären am Santéberäich bestätegt. An de Verwaltungsréit vun de CRPen ass ëmmer eng Fra vertrueden, mä am Conseil scientifique allerdéngs, do wou d'Programmer gemaach ginn, ass keng Fra.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee sech dës Zuelen ukuckt, esou kann een zesummeffaassend soen, datt d'Fraen éischter d'Tendenz hu sech an der Santé, an den Humanwëssenschaften, an der Literatur, am Enseignement an an der Pédagogie ze spezialiséieren. D'Frae sinn an der Fuerschung an an de Professuren an eisen Héichschoulinstitutione staark ënnerrepräsentéiert an d'Frae si selten oder nëmme sporadesch an der Technik, speziell am Ingenieurswiesen oder an der Informatik, vertrueden.

De Rapport werft d'Fro op, ob dëst alles engem wuel iwwerluegtene Choix entsprécht, dee sech op déi reell Interesse vun de Meedercher a Frae baséiert. Oder entsprechen dës Décisiounen vill méi Normen, Biller a Rollen an eiser Gesellschaft, déi suggéréieren, datt eng Fra sech éischter fir eng Carrière als Infirmière oder als Léierin décidéiert an net fir eng Ingenieursausbildung oder méi generell fir eng Carrière an der Fuerschung? Et gëtt keng Äntwert op dës komplex Fro. Mir kënnen awer - an ech mengen, do si mer eis alleguer eens heibannen - dovunner ausgoen, datt dës Choixen - op d'mannst zu engem Deel - vu gesellschaftlechen Normen an Erwaardungshaltungen a vun engem feste Rolleverständnis tëschent Fraen a Männer an eiser Gesellschaft geleet ginn.

Der Educatioun an der Formatioun kënnt dofir eng Schlësselroll zou, dës predefiniéiert Normen a Rollen op d'mannst zu engem Deel opzeweichen an déi festgestallten Tendenzen an e Gläichgewicht ze bréngen.

Déi dräi Héichschoulen hei zu Lëtzebuerg, déi direkt vun dëser spezifischer Thematik ugeschwat sinn, sinn den ISERP, deen eis Schoulmeeschteren a Léierinnen ausbild, den IEES, deen eis zukünfteg Educateure forméiert, an de Centre universitaire, deen de Stage pédagogique fir d'Enseignanten am Secondaire organiséiert. Déi dräi Institutionen integréieren haut, op déi eng oder aner Manéier, d'Dimension du genre an hire Formatiounen. Et muss een awer präziséieren, datt den ISERP d'Dimension du genre nëmme a fakultative Coursen am Kader vun der Formation continue vun den Enseignanten ubitt. Ëmmerhin ass dat en Ufank. Am IEES ass dat och de Fall, mä säit dësem Joer versicht den IEES verstärkt d'Genderproblematik an d'Course mat anzubannen. Et kënnt virun allem drop un, de Geschlechteraspekt an alle Formatiounsmodulen an an alle Fächer ze integréieren.

Eng vun den Hauptvoraussetzungen ass awer eng grous Sensibilitéit fir d'Geschlechterthematik säitens de Formateuren. Si musse sech der Tatsaach bewusst sinn, datt et hei villfach ëm Tabuen an ëm Clichée geet, mat deenen ugehend Educateuren an Educatrices, Schoulmeeschteren, Léierinnen a Proffe fir d'éischt an hirem Liewe konfrontéiert ginn. Dat heescht och, datt eng ganz Rei vu selwer erliefte Erfahrungen an Emotiounen an d'Opschaffe vun der Matière mat afléissen.

D'Opnahm vum Geschlechteraspekt an d'Formatioun vun den Educateuren, Educatrices an Enseignanten dréit mëttel- wéi laangfristeg zur Gläichstellung bäi a provoziert e Wandel vum Geschlechterverständnis, wat iwwert déi elo bestehend Traditionen an Normen erausgeet. D'Efforten um Niveau vun de Formatiounen um ISERP an IEES ginn also elo schonn an déi richteg Richtung. Et bleift awer unzemierken, datt et drop ukënnt, dës Beméiungen ze évaluéieren an ze kucken, wéi dës Methode sech am Enseignement op d'Schüler an d'Schülerinnen auswirken an ob sech e Wandel bei der Formatiouns- a Beruffsorientéierung vollzitt.

Wéi gesäit dëst elo konkret an eisen Héichschoulinstitutionen aus?

Am Stage pédagogique fir den Enseignement secondaire ass d'Dimension du genre am Module 4, déi do heescht "Communiquer dans l'institution avec les partenaires de l'école et prendre conscience des dimensions culturelle et sociale" integréiert. Den ISERP, den IEES an den Département de formation pédagogique vum Centre universitaire sinn am Projet "L'importance de l'aspect du genre pour le développement personnel et professionnel des agents éducatifs et sociaux" vum Fraeministère agebonnen. Dëse Projet versicht bei den Enseignanten erauszefannen, wou d'Schwieregkeete leie bei der Integratioun vun der Genderproblematik an d'Coursen.

Den IST versicht iwwert den europäesche Projet "Ada Lovelace" d'Frae verstärkt fir de Beruff vum Ingenieur ze begeeschteren. Hei sinn och schonn éischt Succësen ze verzechnen, well sech fir d'Joer 2001/2002 ëmmerhin 10% Fraen an dëse Cycle ageschriwwen hunn, par rapport zu nëmme 4% am Joer 1995/1996.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Dimension du genre huet an de leschte Joren u Bedeitung zougeholl, och am Lëtzebuerger Héichschoulwiesen. Et sinn am Héichschoulwiesen éischt positiv Usätz ze gesinn, déi mer begrëssen. Ech wëll awer nach eng Kéier drop hiweisen, datt dëst en Travail de longue haleine ass, wou et illusoresch ass ze gleewen, datt mer an e puer Joer géifen e Mentalitéitswandel vollzéien. Ech si sécher, den Effort vun der "gender educatioun" gesi mer an der nächster, wann net an der iwwernächster Generatioun, mä et ass elo schonn en Effort wäert, an et lount sech, well d'Gläichheet vu Mann a Fra ass eng Fro vun der Demokratie a vum Respekt vun de Mënscherechter. Hei leeschten d'Educatioun an d'Formatioun e wichtege Beitrag.

Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Mme Rapportrice Ferny Nicklaus-Faber.

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV, rapportrice.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt just eppes soen zu där zweeter Motioun, déi ech déposéiert hunn, déi elo nach eng Kéier ausgedeelt ginn ass. Bei där éischter Versioun war en Iertum virkomm. Dat war net mäin Text, esou wéi ech e redigéiert hat an déi Motioun war och vu mir net ënnerschrifft ginn.

Ech mengen, wann ech se déposéieren, muss ech se selbstverständlech och ënnerschriften.

M. le Président.- Mir kommen elo zur leschter Riednerin. Dat ass d'Mme Minister fir Fraenugeleeënheeten, d'Marie-Josée Jacobs.

D'Mme Jacobs huet d'Wuert.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Promotion féminine.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss vun där Debatt wëll ech fir d'éischt soen, datt ech et haut de Mëtteg ganz interessant fonnt hunn aus enger Rei vu Grënn. Niewent deem wat gesot ginn ass, wor et och méi faarweg wéi soss. Mir hunn eng ganz Partie vun Hären hei op der Tribün gesinn an domadder, denken ech, ass jo d'Viraussetzung geschaaft, datt unerkannt ass, datt d'Chancëgläichheet net nëmmen eng Fro vun de Fraen ass, mä datt mer dat souwisou nëmme realiséiert kréien, wann d'Männer eis och doranner ënnerstëtzen.

Ech géing wëlle vun där Plaz aus dem Lydie Err eng gutt Besserung wënschen, dat ëmmer eng ganz äifreg Mataarbechterin a Verfechterin vun de Fraenugeleeënheeten ass. Ech hoffen, datt et erëm geschwënn op de Been ass an ech denken, datt dat och an deem dote Fall dee richtegen Ausdrock ass.

Här President, wa mer haut de Mëtteg hei eng ganz Partie héieren hunn, zum Beispill iwwer mat de Poppen ze spillen an iwwer d'Flënten oder aner technesch Saachen, wou dann ëmmer d'Viraussetzung ass, datt d'Popp fir d'Meedercher ass an d'Autoe fir d'Jonge sinn, da mengen ech, huet do d'Spillindustrie hir Zilgrupp erausgewielt an datt ganz dacks d'Konsumenten dorobber erafale, esou datt mer alleguer d'Tendenz hunn, fir doranner virunzufueren, woumat mer beweisen, datt déi Rollemustere vill méi déif an eise Käpp dra sinn, wéi mer eis doriwwer selwer Rechenschaft ofleeën. D'Nelly Stein huet ganz gutt zum Schluss hei gesot, datt dat alles net esou liicht aus de Käpp erauszekréien ass.

Wat dat mat deem "gender" a mat deem "genre dans le domaine de l'éducation" do ass a wat d'"dimension du genre" ass, ass och eppes wat d'Mme Delvaux erkläert huet, wat aus deem Ausdrock iwwerhaupt net ervirgeet. Dofir, mengen ech, ass et och schwierig fir vill Leit dat verständlech ze maachen. Souguer wann ee gutt

intentionéiert ass, muss een net onbedéngt direkt verstoen, wat dat heescht. Et ass och esou, datt et emol net op Däitsch iwwersat gouf. Et gëtt also keen Ausdrock an der däitscher Sprooch dofir, wat beweist, datt et och fir si wahrscheinlech schwierig ass, fir domadder ëmzegoen. Et muss ee sech am Fong och net wonneren, datt et dat och fir eis ass.

Dobäi ass et am Fong guer net esou komplizéiert. Dat biologesch Geschlecht, dat mer alleguer kritt hunn an dat mer net kennen änneren, an déi meescht vun eis och net wëllen änneren, oder wat fir déi eng méi liicht ze änneren ass oder fir déi aner iwwerhaupt net ze änneren ass, ech weess net, wéi een et géing maachen, wann aus enger Fra e Mann gemaach géing ginn, dat anert gëtt jo mat villen Operatiounen an Technike méiglech gemaach,...

(Interruption)

Här Krecké, ech wëll et och net änneren, mä wann awer Leit den onwiderstehlechen Drang dozou hunn, da weess ech, datt mer jo awer alles probéieren, fir de Leit hire Wënsch nozekommen.

Mir wëssen, datt d'Fraen nach ëmmer d'Kanner op d'Welt setzen an datt dat eben an hirem biologesche Geschlecht läit, mä, wéi gesot, et ass awer och kloer, datt op deene Plazen, wou d'Mammen net méi do woren, herno d'Pappen hir Kanner erzunn hunn, an datt et also net onbedéngt muss sinn, datt dat deen een oder deen aneren ass, mä datt et am allerbeschte wier, wa jidderee sech dorëm géing këmmen. Ech sinn absolut mat dem Här Garcia d'accord, datt ee vill méi muss probéiere jidderengem d'Chance ze ginn, fir sech och kennen ëm seng Kanner ze këmmen, sougutt de Männer wéi de Fraen, an datt mer och vill méi mussen an Zukunft drop insistéieren, wa mer gären hätten, datt méi eng Gerechtegkeet erauskënnt, wat sécherlech am Interesse vun de Kanner ass.

Hei an der Chamber schwätze mer eemol am Joer iwwert deen "gender". Dat ass wéi bei deene regelméisseg Debatten, déi hei den 8. März gefouert ginn. Déi éischte Kéier wor dat 1996. All Joer erëm hu mer iwwert dee Projet geschwat, deen de Marco Schank de Mëtteg hei presentéiert huet, iwwert "Partageons l'égalité", dee mat de Spillschoulsjofferen organiséiert gouf, an ech denken och en Impakt huet op kleng Kanner.

Am beschte wier et selbstverständlech, wann d'Kanner dat doheem géinge léieren. Mä vu datt dat awer op ville Plazen doheem nach net an der Traditioun dran ass, muss ee weinegstens ufänke wann d'Kanner kleng sinn. Et muss een ufänken an deenen ënneschte Schoulen an da soll een natierlech net ophalen duerno.

Mir sinn och als Land gehalen, op Grond vun internationalen Engagementer, eng Partie vu Moosnamen ze ergräifen. Ech denken zum Beispill un d'UNO-Konvention, wou mer géint all Diskriminatioun vis-à-vis vun de Frae musse virgoen. Ech denken un den Amsterdamer

Vertrag, wou esou gutt am Artikel 2 wéi am Artikel 3 mer d'Flicht hu vun der Gläichstellung vu Mann a Fra an op där anerer Säit géint all Diskriminatiounen vis-à-vis vun de Frae virzegoen.

Ech denken un déi vill europäesch Direktiven. A wa mer eis dacks hannert Europa an hannert Bréissel verstoppen, da mengen ech, datt virun allem d'Fraen hei zu Lëtzebuerg vill dovunner profitéiert hunn, well ganz vill hätte mer hei an deene leschten 20 Joer net duerchgesat kritt, wa mer net an enger Europäescher Unioun gewiescht wieren, déi eis op Grond vun Direktive méi oder manner dozou forcéiert huet, fir dat ze maachen. Et kount also och Konkretes dobäi eraus, an d'Mme Meyers huet dat och an hirer Ried hei ervirgestrach.

Mir haten am Joer 2000 d'Konferenz "Femmes, pouvoir et développement" vun der Francophonie. Och do hu mer an der Déclaration du Luxembourg dra geschriwwen, datt de "gender mainstreaming" eng wichteg Dimension wier an och déi geschlechtssensibel Pädagogik an de Schoulen an an de Formatiounen misst iwwerall applizéiert ginn.

Et ass de Mëtteg ewell méi dacks hei gesot ginn, an ech kann lech dat bestätegen an deene Jore wou ech am Fraeministère dra sinn, datt ee mierkt, datt éischters d'Mentalitéiten ze änneren an och an deem heite Gebitt eppes ze maachen, eppes ass, wou ee vill Energie brauch, wou een och vill Gedold brauch, vläicht och heiansdo gro Hoer kritt. Den Advantage ass jo, datt een déi gefierft kritt. Da mierkt een et net, mä et ass wéi bei allem awer och e Langzeitprozess.

Eppes, wat iwwer vill Joren, vill Joren a Jorhonnerte mat Zélegkeet an de Käpp vun de Leit dran ass, ass net esou séier do rauszekréien. Wa mer also wëllen, dass deen "gender mainstreaming" do zum Droe kënnt, dat heescht dann, datt geschlechtsbessusst Handele fir eis selbstverständlech an normal gëtt, dann ass et also och esou, dass mer de Kanner d'Chance ginn, sech fräi entwéckelen ze kënnen.

Ech mengen, et ass eis alleguer awer vläicht net an deem Ausmooss bewosst, dass dat dozou bäidréit, dass d'Meedercher sech sougutt fir e Beruff entscheede kënnen, dee bis haut als en typesch weiblechen ugesi gouf, wéi se och Beruffer huele kënnen, an deenen d'Fraen och dra kënnte sinn. Ech halen net drop, datt jiddferree mat der Schëpp oder mat der Pioche schaffe goe muss, well dat dozou bäidroen géif, mä et gëtt awer ganz vill aner Beruffer, déi d'Fraen och duerchaus iwwerhuele kéinten. Ech denken zum Beispill un alleguer d'Naturwëssenschaften.

Et war op där Konferenz zu Berlin, op där mer waren an déi schonn ernimmt ginn ass, interessant ze héieren, dass fréier an der DDR sou vill Jonge wéi Meedercher an deene Beruffer an an deene Formatiounen waren, an dass zënter der Wiedervereiningung déi Beräicher erëm op deselwechte Prozentsaz wéi och a Westdäitschland zrëckgefall

sinn, soudatt an deenen neie Länner- et kann ee jo net méi DDR soen - nëmme méi 6 oder 7% do sinn, déi an déi Formatiounen ginn. Et gesäit een also ganz däitlech an op kuerzer Zäit, datt sech do Changementen maachen, an an deem Fall hu sech negativer gemaach.

Et ass och vill de Mëtteg hei drop higewise ginn, datt et wichteg ass, datt och Jonge musse Beruffer erléiere kënnen, déi vläicht manner typesch fir si sinn, an et ass och hei iwwer de Précoce geschwat ginn, an iwwer déi Spezialitéiten an de Crèchen a sou virun, wou et wichteg wier, dass Männer dra wieren. Do besteet guer keen Zweifel a mir mussen och probéieren, dat an der Zukunft fäerdeg ze kréien. Ech muss do allerdéngs och dem Här Garcia, deen dorobber insistéiert huet, soen, dass dës Joer net ee Mann sech um ISERP gemellt huet, fir d'Formatioun fir de Préscolaire ze maachen.

Et ass och hei vu Survivalcoursen geschwat ginn, déi gemaach géife ginn, fir de Jongen ze hëllefen, andeem en hinne kachen, strecken a botze bäibréngt. Ech denken, dass dat eppes ass, wat wichteg ass. Ech mengen awer och - a ginn der Mme Delvaux do Recht -, dass dat genausou wichteg fir d'Jonge wéi fir d'Meedercher ass. Et wier net domm gewiescht, dat an deenen aneren Enseignementen dranzeloossen.

Ech wëll lech soen, dass ech dës Deeg mat menge Servicer, a besonnesch och mam Service National de la Jeunesse geschwat hunn a gefrot hunn, ob se sech net virstelle kéinten, op eng attraktiv Aart a Weis sou Coursen, Formatiounen oder Stagen - vläicht och op Campingen oder Ähnlech - ze maachen. Et kann ee jo net soen: Macht dat, fir wann der eng Kéier gescheet géift ginn! Dat géif se jo net terribel motivéieren, mä ech kéint mer virstellen, datt ee géif soen, et wier eng Preparatioun fir d'Selbstständegkeet hanneno, oder wann der op der Universitéit sidd. Ech probéieren elo mol erauszefannen, wéi vill meng Mataarbechter a Mataarbechterinnen do hunn, an ech zweifelen eigentlech net dorun, datt se gutt färdeg kréien, hei och sou Saachen unzebidden, well mer gesinn, datt niewent deene Männer, déi hanneno dack schlecht dru sinn, wa se gescheet goufen, och d'Stiet virun ausenee gaange sinn, well kee vun hinnen allen zwee wousst, wéi e Stot gefouert gëtt. Et ass also eppes, wat am Interesse vu jiddferengem kéint sinn.

Eng geschlechtssensibel Schoul fir op d'Bedürfnisse vun de Jongen an de Meedercher anzegoen, se doranner ze ënnerstëtzen, all Méiglechkeeten, an net nëmme déi traditionell, mä och déi, déi géint d'Hierarchie virginn, ze notzen, géif zum Beispill och beinhalten, datt d'Jongen net mat haarder Kraaft a Gewalt beweisen ze bräichten, datt si Jonge sinn. Dat ass e wichtige Punkt, vun deem ech mengen, dass mer en nach ëmmer ënnerschätzen, besonnesch och am Kampf géint Gewalt.

Wann ee sech net méi mat Gewalt duerchsetze muss, wann een net méi weise muss, dass een dee Stärksten

ass, da bräichte mer vläicht vill aner Projeten net ze maachen an eis iwwer aner Saache keng Gedanke méi ze maachen, Saachen, wéi zum Beispill d'Gewalt um Schoulhaff oder bei de Jugendlechen. Deen, dee gewinnt ass, vu klengem un, als Äntwert Gewalt ze hunn, deen huet se herno och doheem an der Familljen. Dat ass en Thema, op dat ech méi spéit nach kuerz agoe wäert.

Mir hunn hei iwwert d'Nohaltegkeet vum Projet "Partageons l'égalité" geschwat. Och do ass gesot ginn, dass mir dorophi wierke missten, datt dat net nëmmen an deem Spillschoulprojet do dra bleift, mä datt dat och an der Ausbildung vun de Schoulmeeschteren, de Léierinnen, den Educateuren an Educatricen an och um Centre universitaire mat erageholl gëtt. Ech si frou, dass mer mëttlerweil am Gaang sinn, eng Etüd ze maachen, déi allerdéngs bis an d'Joer 2004 dauert, wou den IEES, den ISERP, de CUNLUX an de Fraeministère als gläichberechtigt Partner dra sinn. Mir kréien dann d'Resultater dovunner, waarden awer Gott sei Dank net esou laang fir Formatiounen ze maachen. Déi si lo schonn am Gaang a gi selbstverständlech virugefouert.

Et mierkt een, datt do e groussen Interesse do ass; mir haten zum Beispill an deene verschiddene Konferenze bis zu 100 Leit, déi dohinner komm sinn, fir dat ze héieren, sou op der Konferenz "Kinder werden zu Jungen und Mädchen" oder um IEES, wou 50 Leit do waren, a souguer de 7. November samsdes de ganzen Dag op dem Kierchbiere, wou 170 Leit do waren, fir ebe bei deene Konferenzen an deene Workshopen dobäi ze sinn.

Bis elo hunn ongeféier 10% - an ech mengen d'Nelly Stein huet dat jo hei ervirgehuewen - vun de Spillschoulsjofferen un deene Virstellungswender iwwert d'Lüsterprinzessin do deelgeholl, wou een och eng Kassett an e Buch kréie kann. Jiddferee vu lech, deen dodrun interesséiert ass, brauch sech dat nëmme bei eis ze froen a kritt dat ganz gären.

Dës Virstellung gëtt organiséiert vun deene gutt motivéierte Spillschoulsjofferen, déi dat bis elo eleng gemaach hunn, an ouni Spillschoulshären, mä ech sinn dovunner iwwerzeegt, dass dat doriwwer eraus och bei anerem Schoulpersonal säi Widderhall fënnt. Zënter Jore besteet och elo um IEES extra e Gendergrupp, wou besonnesch Virschléi ausgeschafft ginn, fir eben déi nei Curricula auszeschaffen. Mir wäerten elo am Joer 2002 e Seminaire mat der Mme Prof. Dr. Andrea Maihofer aus dem Zentrum Genderstudies vun der Universitéit vu Basel heihinner kréien, déi iwwert d'Geschlechterdifferenz schwätzt, wat dann déi drëtt Konferenz vun där Zort ass, organiséiert a gemaach zesumme mat dem IEES, dem ISERP an dem Cid Femmes, an och dem CUNLUX, deen dëst Joer fir d'éischt do matmécht. Fir d'éischte Kéier ass och dëst Joer eng transversal Axe do vun dem neie Programm Vivre demain au Luxembourg vum Fonds National de la Recherche. Et ass fir d'éischte Kéier, dass déi als Konditioun de Genderaspekt drasetzen, fir datt iwwerhaapt e Projet ugeholl ka ginn.

Formatiounen - ass hei geschwat ginn -, besonnesch fir déi Formatricen a Formateuren an de Schoulen awer och an der Erwuessenebildung vun der Chambre des Métiers, vun der Chambre des Employés Privés, fir d'verantwortlech Personal an de Betriber, déi Verantwortlech vun de sozialen Haiser an Institutiounen, fir d'Personal vun de Crèchen, de Foyer-de-jouren an de Jugendhaiser, an och fir d'Administratiounen, ginn organiséiert. Do ass e Basismodule, deen elo doriwwer entwéckelt gouf vum Fraeministère an deen dëst Joer erauskomme soll.

Hei nach Informatiounen zu den Délégués à l'égalité: Dir wësst, datt dat e Gesetz ass, dat Dir hei an der Chamber gestëmmt huet. Mir hunn dozou Statistike vun der ITM kritt, déi besoen, dass 1.732 Entreprises - 33,66% - sou Délégierten hunn. Vun deene 583 Délégierte sinn 269 Fraen an 314 Männer. Den LCGB an den OGB-L organiséieren déi Course fir déi Leit selwer, an der Ecole Supérieure du Travail. Am Joer 2000 si 45 Fraen an 61 Männer, am Joer 2001 46 Fraen a 45 Männer an déi Course gaang. Dir gesitt, dass dat méi op d'Egalitéit zougeet.

Den Echo aus deene Coursen ass, dass déi Leit fannen, dass se net genuch Informatiounen vun hire Gewerkschafte kréien, dass se d'Formatioun iwwerhaapt bräichten, datt se méi Schutz fir d'Mandat bräichten, dat och well se Angscht hätte viru Mobbing an Entloossung. Si géife gär Member vum Comité mixte ginn an hätte gär Donnéeën iwwert d'Leit aus hirem Betrib, déi selbstverständlech anonymiséiert wieren, mä wann een net weess, wéi vill d'Leit verdéngen, dann ass et jo schwéier feststellen, ob och jiddferee fir déiselwecht Aarbecht déiselwecht Paie kritt.

D'ITM huet keng spezifesch Donnéeën iwwert d'Plainte vun den Délégués à l'égalité. D'lescht Joer ass just eng Plainte bei si erakomm, an eng Demande iwwert d'Informatiounsrecht, wat d'Egalité de traitement betrëfft. Et ass och eng eenzeg Plainte gemaach ginn, déi den Harcèlement sexuel betrëfft. Wann Der lech alleguer dorun erënnert - wa mer vun de groen Hoer schwätzen-, dass deemools bal d'Welt hei zu Lëtzebuerg ënnergoe sollt, wa mer esou e Gesetz hei maache géifen. Et ass gesot ginn, da géifen all Betriber a Faillite goen an d'Frae géifen ni méi eng Aarbecht kréien. D'Gesetz ass gestëmmt ginn, et huet sech doranner näischt geännert, Gott sei Dank och. Bei villen anere Projeten...

(Interruption)

Maja, wa jiddferee verstänneg ass, Här Krecké, da kënnt et net zu Katastrophen. Mä et gëtt awer ëmmer mat de Katastrophe gedroht, fir datt, wa méiglech, näischt geschéie soll.

(Interruption)

D'Délégués à l'égalité sinn also fir eis als Fraeministère och wäertvoll Partner a Partnerinnen, och fir d'Actionpositiven, vun deenen ewell haut de Mëtte vill geschwat

ass, well si eis och Dieren opmaachen, op ville Plazen, fir an d'Betriber eranzekommen.

Dir wosst, dass mer zënter dem PAN-Gesetz d'Obligation hunn, fir iwwer Plan-d'égalitéen ze verhandelen. Mir hunn net d'Obligation de résultat dodran. Ech hat e puer Mol probéiert a probéieren ëmmer erëm, fir d'Patronen an d'Gewerkschaften dovunner ze iwwerzeegen. Ech hunn dat bis haut nach net duerchgesat kritt, mä vu dass mer ëmmer ongeféier zéng Joer brauche bis mer sou eppes erreecht hunn, hunn ech awer nach d'Hoffnung, datt an deenen nächste Joren et vläicht awer och eng Kéier an d'Rei goe wäert.

An deenen 78 Kollektivverträg, déi 2001 ofgeschloss goufen, ass siwenzéngmol d'Egalité de traitement behandelt ginn, an et ass och a siwe Konventiounen, wou Obligations générales sinn, och véiermol en Thema, dat behandelt gouf. Ech géif och vun dëser Plaz aus nach eng Kéier en Appel un d'Gewerkschaften maache wëllen, fir datt se nach méi dorop halen, an hiren eegene Strukturen op déi Genderkultur do hinzeweisen an déi méi ze verbreedden, well schliesslech vertrieben si jo Fraen a Männer; Fraen op där enger Säit, déi gär an hirer Carrière virukomme géifen, mä awer op där anerer Säit och Männer, mat deenen, wa se de Congé parental huelen, de Geck gemaach gëtt, an déi da bei der Promotioun vergiess ginn.

Bei den Action-positiven hate mer bis elo mat ongeféier 30 Entreprises Kontakten, wat ech als ganz gutt ugesinn. Ech denken, datt virun allem d'Betriber selwer gesinn, dass dat eppes ass, wat fir si wichteg an och positiv ass, well se hiert Personal an hire Betriber halen a fidéliséiert kréien. Dat ass och an hirem Interesse, well et kascht jo alle Betriber Suen, wa se ëmmer erëm nei Leit uléiere mussen, soudass ech denken, dass mir iwwert deen dote Wee et fäerdeg kréien, méi eng flexibel Aarbechtsorganisatioun ze kréien, méi eng geschlechtergerecht Personalpolitik, wou d'Fraen déiselwecht Chancen hunn, agestellt ze ginn an och déiselwecht Chancen hannen bei hirer Carrière.

Gezielt Virubildung fir d'Fraen ass wichteg, och fir hiert Selbstbewusstsein ze stäerken, an ass e wichtigen Aspekt vun deenen Action-positiven - d'selwecht, wéi selbstverständlech och hei d'Infrastrukturen, déi ee brauch, fir Beruff a Familljen op een Nenner ze bréngen.

Mir hunn elo dat Reglement iwwert de Sexe sous-représenté, dee vun der Regierung ugeholl ginn ass an elo de Moment am Conseil d'Etat ass. Mir hoffen, dass mer dat an absehbarer Zäit och erëmkéien, fir ze gesinn, wéi dat sech an der Wirtschaft erëmpigelt.

D'Action-positiv sinn eppes, genau wéi d'Chancegläichheet, wat laang dauert. Leider hu mer festgestallt, datt awer nom 11. September dräi Entreprises aus ekonomesche Grënn d'Action-positiven ofgesot hunn, wat och jiddferengem beweist, datt dat doten op engem

ganzen dënnen Äis ass. Dat geet alles gutt, soulaang wéi vill Suen do sinn, dat geet och gutt, wann näischt Extraes virkënnt, mä et brauch net vill ze geschéien, an et ass dann op där Plaz, wou fir d'éischt gespuert gëtt.

Dëst Joer huet d'Europäesch Kommissioun ausgeruff als dat, fir d'Egalitéit vun de Gehälter ze maachen. Et ass eise Projet vum Fraeministère, dee lo unerkannt gouf. Mir hatten de 4. Februar eng éischt Konferenz, wou 250 Leit do waren, 30 Net-Lëtzebuerger, 70 bis 80 Männer an och 40 Patronatsverrieder. An deenen nächste Wochen a Méint ginn do Ateliere virun, fir d'Ursaache vun der Loundifferenz tëschent Männer a Fraen ze diskutéieren. D'Mme Delvaux hat zu Recht drop higewisen, datt mer an der Moyenne zu Lëtzebuerg 11% Ënnerschied hunn, déi sech net erkläre loossen, weder duerch d'Formatioun, nach duerch d'Ënnerbriechung vun der Carrière, nach duerch d'Deelzäitaarbecht oder de Familljestatus. Et gëtt also aner Ursaachen. Et ginn och Secteuren, wou et nach méi wéi 11% sinn. Et kann een nëmmen dem Patronat an de Gewerkschaften fir hiren Asaz an hir Mataarbecht doranner félicitéieren. Mir hoffen - wéi gesot -, dass mer bis zum Enn vum Joer dann och konkret Äntwerten dorobber fannen.

Ech kann och net op déi 77 Froen oder Propositionen agoen, déi am Laf vun de Jore gemaach goufen. Wichtig, denken ech, ass awer och, wat elo besonnesch de Gender-Mainstreaming an der Regierungsstrategie ubelaangt, 't sinn eben déi ganz Moossname fir d'Integratioun a besonnesch och d'Reintegratioun vun de Fraen um Aarbechtsmaart.

Ech denke besonnesch och un déi vill Coursen, déi iwwert d'ONGen organiséiert ginn an och vum Stat an och um europäesche Plang subventionéiert gi vu "Femmes en détresse", d'Initiativ "Rëm schaffen", "Zarabina", "Co-Labor", "Interaktioun a Kooperatioun", fir nëmmen déi ze nennen, mä awer och an der Administration de l'Emploi Ateliers d'orientation, wou an der ADEM och ee Wonsch, deen hei an der Chamber geäussert gouf, an enger Motioun, déi och erfëllt gouf, datt do eng Fraeresponsabel agestellt gouf. Wat also ee Punkt war, dee vun lech gefrot gouf an och realiséiert gouf.

D'Aféiere vum Congé parental, och eng europäesch Direktiv, déi mer zwar méi generéis hei zu Lëtzebuerg ëmgeseit hu wéi an anere Länner, déi mer och bezuelen, wou mer am Dezember 2001 8.833 Leit hatten, déi dovu profitéiert hunn, 7.834 Fraen an 999 Männer. Dir gesitt also och, datt no dräi Joer, datt trotzdeem dat awer ewell - wann och nach an engem Mooss, wat net esou wäit ass, wéi mer et gären hätten - eppes bruecht huet. De Moment ass eng Etüd am Gaangen iwwert den Impakt vum Congé parental, éischters op den Aarbechtsmaart, zweetens op d'Chancëgläichheet an och drëtters op d'Kanner.

"D'Kanner si fir de Congé parental" huet déi Campagne geheescht, déi de Service "A la condition féminine" vu

Beetebuerg a vu Suessem erausgeschafft huet. Ech hu mer erlaabt lech ee schéint Plakat matzebréngen, well och heiandsdo gemengt gëtt, ech géif nëmmen eppes wëlle fir d'Frae maachen, da gesitt Dir elo emol wéi schéin dat ass mat de Männer do drop.

(Interruptions)

Net emol! Ech wëll och vun dëser Plaz aus nach eng Kéier deenen zwou Gemengen, déi jo hei mat hire Buergermeeschtere vertritt sinn, félicitéieren, fir déi Initiativen, déi se geholl hunn. Si waren déi Éischt. Dir gesitt och all Informatiounen iwwert de Congé parental dorop. Ech sinn dovun iwwerzeegt, datt den Här Lux an den Här Sonnen lech gären all sou ee Plakat matginn, datt Dir déi kënnt och doheem an Äre Gemengen ophänken an och op deene Plazen, wou d'Leit hikommen, fir Informatiounen ze kréien.

Déi zwou Gemenge sinn déi éischt, déi de Gläichheitspräis kritt hu vum Fraeministère. Mir wäerten all Joer elo esou ee Präis ausschreiwen an all Gemeng ka sech bis de September melden, fir do matzemaachen. Et ginn och Coursen organiséiert vun der Initiativ "Liewensufank", fir Pappen a Mammen op d'Gebuert vun hirem Kand virzebereeden, an och hei ass et besonnesch wichteg, datt d'Männer och d'Méiglechkeet kréien, fir sech ze informéieren, fir och hir Onsécherheete kënne ze soen oder hir Erfahrungen auszetauschen, well net nëmme Fraen déi Coursen halen, mä et gëtt och Männer déi do sinn, sou dass ech denken, datt dat och fir d'Männer eppes Wichteges ass, well d'Parité parentale ass ee Léierprozess fir d'Männer, mä et ass awer ganz bestëmmt och ee fir d'Fraen, well och d'Fraen do eng Partie vun deene Méiglechkeeten a vun där alleiniger Herrschaft, déi si dorop haten, vläicht och mussen ofginn.

Ech denken awer och un de Congé pour raisons familiales, deen agefouert gouf iwwert de PAN an och un d'Iwwerhuele vun den Onkäschte fir d'Kannerbetreuung an och fir d'Reeskäschten, wann ee vun den Elteren un engem Formatiounscours deelgeholl huet. Dovun ass bis elo net vill profitéiert ginn wat ëmmer erëm beweist, datt mer mat eiser Informatioun net esou séier nokommen an dat wahrscheinlech och net esou gutt maachen, wéi mer et gären hätten, datt d'Leit awer nach iwwer villes net wëssen, datt et iwwerhaapt besteet.

Iwwert d'Structures d'accueil hate mer viru kuerzem hei d'Geleeënheet, am Kader vun enger Interpellatioun, ze schwätzen. Ech wëlt do net op alles agoen, ech géing lech vläicht op de Rapport vum Ministère de la Famille verweisen, wou Dir eng ganz Partie Informatiounen kritt.

Wichteg war fir mech och, datt mer am PAN ewell agefouert haten oder gesot haten, datt och déi erwuesse Leit iwwer 18 Joer missten d'Méiglechkeete kréien, wa se kee Beruff geléiert haten, eng Berufsausbildung maachen ze kënne. Och do gesäit een, wann dat och an deenen éischte Jore méi lues ugelaft ass, datt dat sech

trotzdeem awer verbessert huet: Am Joer 2000 waren et 31 Fraen a 36 Männer an am Joer 2001 waren et ewell 86 Fraen an 119 Männer, déi eng nei Berufsausbildung gemaach hunn, déi mat entweder enger Geselleprüfung oder mat enger Meeschterkaart ofgeschloss hunn, wou ech och denken, datt dat wichteg ass, fir datt déi Leit dann herno richtig Aarbechte fanne kënne an net an iergendwellech précaire Situatiounen an Aarbechtsverhältnissen kommen.

Och an deem Gesetz ass ewell agefouert ginn, an et war d'Mme Nagel, déi dorop higewisen huet, datt d'Weiderbildung fir déi Leit, déi an enger Familljepaus zum Beispill sinn, kënne an hire Betriber déi Formation continue mat viru maachen, wat éischters hëllef, datt se employabel bleiwen, mä wat virun allem awer och - denken ech - wichteg ass, fir d'Zougehéieregkeet zu hirem Betrib.

Ech sinn och frou, datt d'Reform vum Statut vum Fonctionnaire déposéiert ginn ass mat enger ganzer Partie Verbesserungen dran, sou gutt fir Mammen a Pappen, wéi och fir d'Fraen an déi sécher och do zu méi enger grousser Gläichheet féiere wäerten, wéi dat bis elo de Fall war.

D'Sensibilisatioun ass och haut de Mëtteg méi dacks hei gefrot ginn.

(Coups de cloche de la Présidence)

Och d'Fro: Wi vill bréngt dat? Wéi gutt kënnt dat un? Ech muss éierlech soen, ech gehéiere jo zu deene gelungene Leit, déi menge si missten ëmmer fir de Stat spueren. Ech hunn emol vu mengen eegene Mataarbechterinne proposéiert kritt, fir emol eng Etüd maachen ze loosse iwwert d'Resultater a wat d'Leit dobausse vun eise Campagnë géingen denken, do hunn ech alt fonnt, mir hätte besser déi Suen ze huelen, fir eppes aneschtens ze maachen, wéi fir ze wësse wéi d'Leit dat géinge gesinn. Wann awer deen unwillerstehlechen Drang vun der Chamber besteet, fir ze soen "Maacht awer léiwer emol eng Ëmfro, wéi datt dat ukënnt", da widdersetzen ech mech deem net méi. Ech wëll net op all déi aner Guiden an Etüden, déi mer gemaach hunn zum Beispill iwwert "Femmes dans la prise de décision économique", iwwert de Marché de l'emploi, wou deen drëtten Band deemnächst wäert erauskommen, oder och iwwer aner Sensibilisatiounsaarbechten agoen, iwwert déi hei geschwat ginn ass.

Dir wäert jo an nächster Zäit och hei an der Chamber d'Geleeënheet kréien, fir nach eng Kéier iwwert d'Pisa-Etüd ze schwätzen, an ech denken och, Här Garcia, datt Dir dann eng ganz breet Hëllef kritt op alle Plazen, fir och do ze kucken, datt de Genderaspekt net doranner verluer gëtt, well mer besonnesch och gemierkt hunn, datt trotzdeem, datt d'Meedercher, wa se besser léiere wéi d'Jongen, herno nach net ëmmer dat ëmgesat kréie wann et ëm d'Beruffsliewe geet, wou och haut de Mëtteg méi dacks dorop opmierksam gemaach gouf.

Eng ganz Partie Verbesserunge si gemaach ginn an de Gesetzter, besonnesch och wat d'Verbesserung vun der Situatioun vun der Fra am Alter ass. Ech denke besonnesch och un d'Babyjoren, un d'Nokafe vun de Pensiounen, un d'Weiderversécherung, un d'Erhéije vum RMG an un eng ganz Partie vun anere Moosnamen, déi am Laf vun de Jore geholl goufen. Ech hoffen och, datt deen Aarbechtsgrupp, deen elo am Kader vun der Rentereform iwwert d'Individualiséierung agesat gëtt, och dozou virunhëlleft, fir och do zu méi eegene Rechter ze kommen, wat net heescht, datt een aneren eppes soll wechgeholl kréien, wat och ni ee gesot huet an och ni ee gefrot huet.

De Projet de loi iwwert d'Gewalt hu mer d'lescht Joer hei déposéiert. Mir sinn eis och alleguer bewosst, datt et net duergeet, wann een ee Gesetz hëlt, mä datt een och do Hëllef brauch fir d'Täter, datt ee Präventioun muss maachen, an datt déi am Allerwichtigsten ass; an do ass och hei gefuerdert ginn, datt mer missten zousätzlech oder datt mer misste Coursé maache fir d'Magistraten, fir d'Dokteren an och fir aner Leit aus deene Beruffer. Déi Coursé sinn ugebuede ginn, mir hunn och méi dacks probéiert, besonnesch och bei den Dokteren, fir do Sensibilisatioun ze maachen, allerdéngs muss ech soen, datt mer do nach net ëmmer op ganz grouss Begeeschterung gestouss sinn, mä mir wäerten eis awer net domat zefridde ginn a mir wäerten och virufueren ze probéieren, fir och do d'Leit begeeschtert ze kréien, fir och an esou enge Coursé matzemaachen.

Fraen an den Décisiounsposten, do wësse mer wéi d'Situatioun ass, si ass och de Mëtteg hei vun der Presidentin an der Rapportrice, déi hei eng aussergewöhnlech gutt Aarbecht gemaach huet an och ee schréffteche Rapport ofgeliiwwert huet,...

(Coups de cloche de la Présidence)

...wou et méi liicht an der Zukunft ass nozekucken, wat alles gemaach gouf oder nach net gemaach gouf, wou mer hei domat stinn, an do geet déi Etüd iwwert de Gabriel Lippmann och virun, wou deen zweeten Deel "Élu" heescht, wou 100 Fraen an 100 Männer an hirer politescher Aktivitéit dann och verfollegt ginn oder wou matgekuckt gëtt. An och do wëllt ech opmierksam maachen op déi Konferenz, déi mer mat der Dr. Beate Hoecker hunn an déi jo eng Kéier an d'Chancëgläichheetskommissioun kënnt, fir och do de Leit hir Erfahrungen doriwwer matzedeelen.

Ech géing vläicht awer och wëllen déi ganz Aktivitéiten, déi de Conseil National gemaach huet, besonnesch och um Gebitt vun de Gemengen awer ervirhiewen, och déi Zuelen, déi mer do kritt hunn: Am Joer 1999 hate mer 48 Délégués à l'égalité, 2000 waren et der 71 an 2001 waren et der 70; déi, déi Chancëgläichheetskommissiounen haten, waren et der 1999: 13, 2000: 35 an 2001: 41.

Leider sinn d'Servicer an de Gemengen, an d'Gemengen hu jo do villes dran ze soen an et si jo och vill Gemenge-

pappen a Gemengemammen, déi hei sinn, déi also och kéinten do nach e klengen Effort maachen, fir esou ee Chancëgläichheetsservice anzesetzen. Et muss och net jiddfereen eleng ee maachen. Dat kann ee jo och duerchaus och regional maachen, op deene Plaze wou dat net geet, fir dat eleng ze maachen, an och déi zwee Servicer, déi elo bestinn, mengen ech och ganz gutt matenee schaffen, wat eng grouss Chance fir jiddfereen ass. Mir hunn awer méttlerweil och a 87 Gemengen iwwert d'Land wéinstens een Organ, wat sech ëm d'Égalitéit zwëschen de Männer an de Frae këmmert.

Dir Dammen an Dir Hären, Dir wësst, datt mer nach ëmmer eis Reserven hunn, wat d'CEDAW-Konventioun ubelaangt, wou et drëm geet, eng Kéier d'Ierfschaftsrecht an eiser Cour grand-ducale ze änneren. De Grand-Duc Jean war ewell domat d'accord, fir dat ze änneren, de Grand-Duc Henri ass et och, sou datt ech och hoffen, datt wa bis eis Constitutioun geännert ass, mir dat dann och maache kënnen.

Mir haten nach ëmmer eng Reserv wat den Numm vum Kand ubelaangt huet. Do hu mer glécklecherweis de Projet de loi, deen de Justizminister déposéiert huet, deen dann och hei...

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président. - Ech géing lech bidden opzepassen. Eng Ministesch gëtt sech Méi, fir mat Fakten zur Diskussioun bäizedoen, an da gi Gespréicher geféiert; dat ass net héiflech. Et soll ee sech Zäit huelen, der Mme Ministesch nozelauschten. Jiddferee vun lech ass och Riedner a weess, dass et näischt méi Penibles gëtt wéi wa Kosettercher niewelaanscht geféiert ginn. Ech géing un Är Disziplin appelléieren.

Ech gesinn, dass d'Ministesch och gläich fäerdeg ass.

(Hilarité)

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Promotion féminine. - Merci, Här President. Ech sinn och gläich fäerdeg. Wéi gesot, ech hoffen och, datt Dir selwer hei an der Chamber den Artikel 11 an absehbarer Zäit ännere wäert, an datt op deem Wee, dee mer gemaach hunn, well villes hu mer fäerdeg kritt an deene leschte Joren, awer villes bleift sécher nach ze maachen.

Mir kréie Chancëgläichheet nëmme fäerdeg, wa Männer a Fraen dat matenee maachen, wa Pappen a Mammen dat maachen. Dat ass sécher am Interesse vun de Kanner a vun der Partnerschaft, an eigentlech kënnt ee soe wier et am Interesse vun enger besserer Welt, an an deem Sënn hoffen ech, datt Dir alleguer mat virufuert op deem Wee ze goen. Et ass och ze hoffen, datt mer domat jiddferengem eng méi héich Qualitéit vum Liewe gi kënnen, wéi déi, déi e bis elo hat. Merci villmools.

Des voix. - Très bien.

M. le Président. - Kolleginnen a Kollegen, domat wier d'Diskussioun ofgeschloss a mir kéimen zum Vote vun de

Motiounen. Et si véier Motiounen agereecht a verdeelt ginn. D' Rapportrice, d'Mme Nicklaus, huet eng Korrektur bei der Motioun 2 hei explizéiert, sou dass mer direkt zum Vote kënnen iwwergoen. D'Mme Delvaux freet d'Wuert. D'Mme Delvaux huet d'Wuert.

Motions

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP). - Här President, als Net-Auteur vun enger Motioun hunn ech mat grousssem Intérêt déi véier Motiounen zur Kenntnis geholl an am Fong, wann een dat richtig liest, sinn d'Motiounen 3 a 4 am Fong eng Prezisioun vun der Motioun 1. Ech muss allerdéngs soen, dass d'Formulatiounen vun de Motiounen 3 a 4 méi prezis si wéi d'Formulatioun vun der Motioun 1.

Ech hu keen insurmontabele Problem mat der Motioun 1, mä ech soe mer just, wann ee seet, dass een de Projet "Partageons l'égalité" soll ausdehnen op den Enseignement supérieur, wann een awer weess, dass dat ee Projet ass, dee fir d'Spillschoul gemaach gëtt, da schéngt mir dat e bësse schwierig ze sinn. Dee muss jo awer un d'Ëmstänn adaptéiert ginn, an dat geet eigentlech aus der Motioun 4 vill besser eraus, sou dass ech mech froen, ob et net méiglech wär, d'Motiounen 3 a 4 ze stëmmen amplaz vun der Motioun 1.

M. le Président. - Den Här Camille Gira freet och d'Wuert zu de Motiounen.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG). - Här President, Kollegeinnen a Kollegen, ech wollt e Wuert soen zur Motioun 2. Iwwert d'Considérante si mer eis alleguer eens - huelen ech un - an dozou wëll ech och näischt soen. Mir hunn awer e bëssen e Problem mam Dispositif.

Éischtens kënnen mer net schrecklech vill domat ufänken, wann hei steet "continuer des efforts d'incitation", well mer eis net kënnen virstelle wat dat ass. Heescht dat elo, dass d'Gemengen all sechs Méint e Bréif vun der Mme Jacobs kréien, fir ze soen "Maacht eppes!"?

Een zweete Problem ass, dass hei eigentlech dräi Niveaue relativ duerchernee gehäit ginn. Dat Einfachst fir eng Gemeng ass sécherlech ze decidéieren, eng Commission à l'égalité des chances ze grënnen. Dat kascht net vill. Et kascht just e bësse politesche Courage dat ze maachen.

Fir méi Fraen an d'Kommissioun ze kréien ass schonn e bësse méi schwierig, well ganz oft ass et och wierklech esou, dass net genuch Kandidature vu Fraen do sinn. Dat beweegt sech also op engem total aneren Niveau.

Fir awer elo wierklech e Service "A la condition féminine" anzeféieren, do ass sécherlech e Beräich Motivatioun deen nach feelt bei Gemengeverantwortlechen. Ech weess awer eng ganz Rei Leit, deenen et einfach un de Sue feelt, fir esou eppes anzeriichten. Ech mengen et muss een déi Pilotroll, déi Beetebuerg a Suessem gespillt hunn, sécherlech luewen. Ech wëll awer och nach betounen, dass et besonnesch kleng Landgemenge gëtt, déi op kee Fall de Budget zur Dispositioun hunn, wéi déi zwou gréisser Gemengen.

Dofir géing ech proposéieren, den Text ëmzeschreiwen, well mir si ganz d'accord mat deem Dispositif hei, wann dat heescht, dass an Zukunft d'Mme Jacobs hëlleft, flächendeckend esou Servicer ze finanzéieren. Fir eis géing et Beispiller ginn, wéi zum Beispill sou wéi d'Jurendhaier fonctionnéieren, hallef Stat, hallef Gemengen zesumme mat enger A.s.b.l., dat wär fir eis eng Formule, déi kéint goen.

Dofir géing ech proposéieren, Här President, den Dispositif folgendermoossen ëmzeschreiwen, an zwar "invite le Gouvernement à développer des instruments d'incitation afin d'aider les responsables communaux et intercommunaux à instaurer, soit un service...". Wann déi Incitatioun do wierklech heescht, dass deemnächst Kreditter zur Verfügung sinn, fir flächendeckend esou Servicer anzeriichten, dann hu mir kee Problem, da stëmme mir och déi Motioun. Wann et sech sollt op verbal Incitatiounen beschränken, da wäerte mer eis enthalten, well domat kënnen mer net vill ufänken. Dat wäert och an der Realitéit net vill änneren.

Des voix. - Très bien.

M. le Président. - D'Mme Nicklaus huet d'Wuert.

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV), rapportrice. - Ech wollt just soen, dass do jo awer "responsables communaux et intercommunaux", also Gemengen, sech kënnen zesummendinn. Dir schwätzt ëmmer vu kleng Gemengen, mä et ass awer och méiglech, dass ee sech zesummendeet an dann eppes mécht.

M. le Président. - Den Här Jean-Paul Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Här President, Dir Damen an Dir Hären, ech wollt eppes soen zu deem wat d'Mme Delvaux gesot huet, déi vun deenen dräi Motiounen geschwat huet. Effektiv gläiche se sech, mä mir froen awer, conformément zum Artikel 81, d'Prioritéit vun eiser Motioun.

D'Sozialisten hu schonn eng Kéier de Kapp gerëselt. Elo kënnen s'en nach eng Kéier rëselen, awer déi Kéier méi fest. Ech froen awer d'Prioritéit fir eis Motioun, well do steet alles dran, wat an deenen zwou aneren och dra steet.

Wat déi zweet Motioun ubelaangt, Här President, do si mir natierlech selbstverständlech d'accord se esou ze stëmmen, wéi d'Majoritéitspartei se hei abruecht hunn. Ech verstinn dem Här Gira seng Observatiounen, déi Efforts d'incitation. Ech muss lech soen, ech perséinlech fille mech do net konzernéiert, well an der Stad Lëtzebuerg hu mir als DP am Schäfferot vu véier Mandater zwou Fraen, a vun eelef am Gemengerot, hu mer der fënnef. Mir sinn do ganz gutt représentéiert, mä dat wëllt

awer net soen, dass mir déi Motioun, esou wéi se abruecht ginn ass, stëmmen an der Regierung vill Chance wënschen, fir d'Leit ze incitéieren an och ze mobiliséieren.

M. le Président.- Den Här Jeannot Krecké huet d'Wuert.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ech muss soen, dat do enttäuscht mech e bëssen. Ech hat wierklech geduecht, et géing drëm goen, partiwwergräifend eppes ze maachen. Et war jo net esou, datt hei eng Diskussioun gefouert ginn ass, wou een deen aneren an den Eck gedréckt huet. Ech hu geduecht, mir kënten esou vill Verstand opbréngen, datt, wann et eis ëm d'Saach geet, fir ze soen, dass deene Gréngen hir zwou Motiounen inhaltlech zum Deel dat begräife wat d'Mme Nicklaus wëllt ausdrécken an awer méi wäit ginn an et besser ausdrécken. Et ass einfach wesentlech besser a vill méi kloer, wann ee seet "à intégrer la pédagogie du genre dans le curriculum de formation des institutrices et instituteurs à l'ISERP", wéi "à intégrer à moyen et à long terme la dimension du genre dans les curricula des enseignant(es) et éducateurs/trices".

Dat do versteet kee Mënsch, a wann et lech hei wierklech ëm d'Saach geet, Mme Nicklaus, da sot et dach einfach. Dir kritt de Mérite dovunner, dass Der d'Incitatioun dozou bruecht hutt. Mir schreiwen lech dat gutt, mä kommt mir huelen déi zwéi Texter, déi einfach wesentlech besser a méi kloer sinn. Wann et lech awer net ëm d'Saach geet an Dir wëllt einfach Äre Kapp duerchsetzen, da maacht dat, mä ech muss soen, et ass peinlech.

M. le Président.- Den Här Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, ech wollt nëmme soen, dass eis Motioun och den Accord vum Minister huet an doduerch huet se vill méi Chance, fir och realiséiert ze ginn.

Dat ass en Argument.

M. le Président.- Den Här Lucien Weiler huet d'Wuert.

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, ech wëll dem Här Krecké soen, datt et eis grad esou vill ëm d'Saach geet wéi hinnen.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Da beweist et!

M. Lucien Weiler (CSV).- D'Aarbecht an der Kommissioun huet bewisen, wie sech d'Haaptméi gemaach huet. Dofir hätt ech net gär, wann hei ëm d'Saach geschwat géif ginn.

Här President, d'Motioun, déi d'Majoritéit abruecht huet, geet an deem Sënn méi wäit, well duerch eng Rei vu méi generelle Formulatiounen...

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Dir gleeft dat jo selwer net, Här Weiler! Dir sidd dach gewinnt lech seriö ze huelen, dann huet lech och elo seriö!

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, ech fannen et schlémm, datt den Här Krecké schonn de ganze Mëtteg jidderengem hei Lektione wëllt erdeelen.

M. le Président.- Wat soll dat do alles? Et kënt dach jiddereen un den Tour!

Här Weiler, schwätzt Dir weider!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dir hutt ganz Recht, Här President!

M. Lucien Weiler (CSV).- Mir gesinn an där Formulatioun vun der Majoritéit méi Méiglechkeete wéi déi, déi vun deene Grénge virbruecht ginn, obscho mer eis jo weitestgehend eens sinn. Et ass wéi gëschter. Mir streiden erëm iwwer eppes, wouriwwer mer eis en fin de compte alleguer eens sinn. Mir hätt gär déi large Formulatioun, well d'Regierung domadder méi Méiglechkeeten huet, wéi mat där méi restriktiver.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här François Bausch.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, ech wollt just soen, datt déi penibel Situatioun, an där mer hei sinn, dohier kënt, datt dat, wat den Här Garcia an der Kommissioun proposéiert hat, nämlech eng gemeinsam Motioun ze maache vun der Kommissioun an engem uerdentlech formuléierte Sënn, déi dann och gedroe gi wär vun der ganzer Chamber, an der Kommissioun ofgeleent ginn ass, an datt déi Motioun vun de Majoritéitsparteien de Mëtteg am Plenum abruecht ginn ass an dofir sech elo hei verbass gëtt op den Text vun där Motioun, woubäi et awer manifest ass, an de Verspreecher vum Här Weiler beleet eigentlech, datt déi Motioun, déi si eraginn hunn, méi generell an net prezis ass an datt et schued ass, datt mer déi hei elo esou ofstëmmen an datt dat am Fong net am Intérêt vun der Saach ass an datt et eigentlech méi intelligent wier, e fusionéierten Text ze maachen, wou mer déi méi prezis Formulatiounen aus der Motioun vum Här Garcia kënnte matabauen.

Ech mengen, dat wier am Intérêt vun der Saach, a wier dem Här Garcia nogelauschert ginn an der Kommissioun, dann hätt mer eis dat Ganzt kënne spueren.

M. le Président.- Den Här Ben Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, et gëtt hei vun der Majoritéit gesot, déi Motioun 1 géif méi wäit goen. Ech muss awer leider soen, wann ech e bësse Franséisch verstinn, wann do steet "invite le Gouvernement à intégrer à moyen et à long terme la dimension du genre", dann heescht dat, wann och net auf Nimmerleinstag, an engem relativ onprezise Futur. Dofir muss ech soen, dat ass awer wierklech e Problem, an ech kann déi Motioun net stëmmen, wann d'Majoritéit net d'accord ass, fir dee "moyen et à long terme" ze sträichen.

Dann hu mer "à intégrer la dimension du genre dans les curricula". Dat ass also de Prinzip, dee mer hei énoncéieren. Dat soll kloer sinn. Jiddereen huet dat de Mëtteg hei deklaréiert, an dann dat ze verschieben!

An da muss ech och soen, "à étendre progressivement" ass natierlech och vill manner staark wéi carrément ze

soen "à étendre le projet". Selbstverständlech wësse mer, dass dat net vun haut op muer geet, dass dat muss an enger gewëssener Uerdnung goen, mä déi zwee Ausdréck do weise ganz kloer, dass dës Majoritéit net gewëllt ass, dee Projet "Partageons l'égalité" relativ schnell an d'Schoul ëmzesetzen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Gast Gibéryen.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, wann een d'Diskussiounen iwwert d'Motiounen 1, 3 a 4 verfollegt huet, esou huet am Fong jiddereen hei behaupt, datt seng Motioun déi beschit wier a si géif am wäitste goen a jiddereen huet gesot. Mir mengen dat wat déi aner mengen. Dofir stellen ech mer d'Fro: Firwat musse mer iwwerhaapt eng vun deenen dräi Motiounen ofleenen? Näischt verbitt eis, déi dräi Motiounen zur Ofstëmmung ze bréngen a se allen dräi unzehuelen. Da wier jiddereen zefridde gestallt.

M. le Président.- Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Motiounen.

Motion 1

Fir d'éischt d'Motioun 1.

Vote

Wie fir déi Motioun ass, stëmmt mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass mat 33 Jo-Stëmmen a 26 Enthaltungen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Marco Schank), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Nicolas Strotz), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Marco Schroell), Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Claude Meisch), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

M. Jean Colombero.

Se sont abstenus: MM. Ady Jung et Nico Loes;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par Mme Lydia Mutsch), Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Motion 2

Da stëmme mer of iwwert d'Motioun 2.

Vote

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass mat 30 Jo-Stëmmen a 27 Abstentionen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Marcel Glesener (par M. Marco Schank), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Marco Schroell), Xavier Bettel, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps (par Mme Simone Beissel), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Se sont abstenus: MM. Ady Jung et Nico Loes;

MM. Jean Asselborn (par M. Marc Zanussi), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart (par M. Ben Fayot) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Fernand Greisen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Motion 3

Da stëmme mer of iwwert d'Motioun 3 vum Här Robert Garcia.

Vote

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass mat 31 Stëmme géint 26 an enger Abstention verworf.

Ont voté oui: M. Nicolas Strotz;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme

Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké), Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Fernand Greisen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Mme Renée Wagener.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement (par Mme Nelly Stein), Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Jean-Marie Halsdorf), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Lucien Weiler, Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par Mme Simone Beissel), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer, Théo Stendebach.

S'est abstenu: M. Fred Sunnen.

Motion 4

Da stëmme mer of iwwert d'Motioun 4 vum Här Robert Garcia.

Vote

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

D'Motioun ass mat 32 Stëmme géint 25 an enger Abstentioun verworf.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Fernand Greisen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Marcel Glesener (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Jean-Marie Halsdorf), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Marco Schroell), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

S'est abstenu: M. Fred Sunnen.

Domat wiere mer um Enn vun eisem Ordre du jour vun haut ukomm.

Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg um halwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.37 heures)